



A wat d'Introductioun ugeet vun enger neier Nomenclature, lafen och hei d'Aarbechten. Dir wësst, datt déi Aarbechten net esou einfach sinn, well hei eng ganz Rei vun Opschaffunge vun deenen eenzelnen Nomenclaturé sinn. Mä och do ginn d'Aarbechten zügeg virun, genau wat d'Transparenz vum Finanzement vum System ubetrëfft. Och hei, mengen ech, geet et jo drëm, datt mer eng Rei vu Mechanismen abauen hin zu enger Documentation hospitalière, ënner anerem, virun allem och den Ausbau awer vun enger Agence eSanté, déi soll fonctionnéieren. Alles dat sinn Elementer, déi amgaang sinn ze lafen. An dofir mengen ech, datt hei richteg drop higewise gouf, datt et awer ze fréi ass, d'Regierung nach eng Kéier opzefuerderen zu eppes, dat se ounideem amgaang ass ze maachen.

Dofir géif ech d'Chamber opfuerderen a soen, datt dat heite vu mir aus de Moment superfétatoire ass an datt een dofir soll ofwaarden, bis déi eenzel Prozesser lafen. A wann dann effektiv hannendru keng konkret Mesuré kommen, da kann een déi hei Motioun nach ëmmer eng Kéier opgräifen.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren, soe Merci fir déi breet Zoustëmmung an ech sinn iwwerzeegt, datt mer op Basis vun dësem flotte Projet de loi zesumme mam Reklassement, dat mer elo wäerten diskutéieren, och eng gutt Orientatioun vun de Salariaë wäerte fannen an domat och kënnen dozou bäidroen, datt mer méi Leit an der Aarbechtswelt behalen an domat och eng gewëssen Zefriddenheet bei jiddwerengem kënnen schafen.

Ech soe Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Minister, erlaabt Der eng Bemierkung vum Jean-Marie Halsdorf, Auteur vun der Motioun?

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale*.- Selbstverständlech.

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- Merci, Här President. Ech kann dat, wat de Minister elo hei gesot huet, novollzéien. Mä et wär awer vläicht interessant, well grad d'Madame Gesondheetsminister net hei ass, dass ee vläicht eng Kéier géif déi Motioun an déi zwou Kommissiounen verweisen, et géif een eng Kéier eng Réunion jointe maachen an et géif een dann zesummen de Point maachen op den eenzelne Punkten. Dat wier am Intérêt vu jiddwerengem; dann hätte mer Transparenz, wou déi Dossieren dru sinn, well et jo awer e Ganzt ass, an ech mengen, dat wär net onsënneg, wann een dat géif maachen.

Dat wier eng Proposition, déi ech géif maachen: kéint een dat net an d'Kommissiounen verweisen, an déi zwou, et géif een eng Kéier eng Jointe maachen, déi zwee Ministere wäeren do - Dir wäert do an d'Madame Gesondheetsminister -, an da géif een de Point maachen?

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale*.- Bon, ech mengen, datt de Moment, wéi ech gesot hunn, fir mech dës Motioun eng Motioun ass, wou sécher an engem gewëssene Sënn eng Logik hannendrun ass, mä zu engem richtigen Zäitpunkt (veuillez lire: mä datt et net de richtigen Zäitpunkt ass). Ech mengen awer, datt d'Regierung an deenen nächste Méint wäert liwweren hei, sou datt ech géif bei menger Proposition bleiwen a soen, datt zu dësem Moment och an de Kommissiounen dës Froe jo ëmmer kënnen opgehäit ginn. Wa Kommissiounen sinn, kann d'Fro jo deenen zoustänneg Ministere gestallt ginn an der Sécurité sociale respektiv och an der Santé. Mä ech mengen, datt mer dofir net müssen de Moment elo speziell eng Commission jointe maachen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Minister. Domat si mer um Enn vun den Diskussiounen iwwert de Projet ukomm. Mir stëmmen fir d'Éischt iwwert de Projet de loi of an da komme mer zur Motioun, wann ech mech net ieren.

(**Assentiment**)

Also géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6656 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6656 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

De Projet de loi 6656 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mo-

sar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(**Assentiment**)

Da soen ech Merci. Domat ass de Projet dann ugeholl.

A mir géifen zur Motioun iwwergoen, wou de Minister Stellung geholl huet a wou den Här Halsdorf eng Propos gemaach huet.

Au vote?

(**Assentiment**)

Vote sur la motion 1

Okay. Da gi mer zur Ofstëmmung iwwer. Déi, déi mat der Motioun averstane sinn, stëmmen mat Jo. Déi, déi net domat averstane sinn, mat Neen. D'Procuratiounen. De Vote ass eriwuer.

23 Deputéierten hu mat Jo gestëmmt, 34 mat Neen, bei 3 Abstentiounen. Domat ass d'Motioun ofgelehnt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Laurent Mosar), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet.

Ont voté non: MM. Marc Angel (par Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, datt ass de Projet 6555 iwwert de Reclassement professionnel. An hei, am Garde-à-vous, steet schonn de Rapporteur, den Här Frank Arndt. Här Arndt, Dir hutt d'Wuert.

6. 6555 - Projet de loi portant modification du Code du Travail et du Code de la sécurité sociale concernant le dispositif du reclassement interne et externe

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Frank Arndt** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President, fir déi léif Wieder. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6555, wéi vum President ugekënnegt, ass iwwert d'Reklassementsgesetz. Bon, d'Reklassementsgesetz ass ee Projet, deen 2013 déposiert gouf vun der leschter Regierung, ënnert der LSAP/CSV-Regierung, an dunn op den Instanzewee bruecht ginn ass.

Dëse Projet de loi, deen erfuerdert, wéi vill Projeten, Kompromësser. Wéi wäit geet een? Geet en ze wäit? Geet een net wäit genuch? Dat gouf an der Kommissioun des Breederen an des Weideren diskutéiert. An et ass ee Kompromëss, denken ech, och erauskomm dobäi.

Wat wëlle mir mat dësem Projet de loi? Natierlech verbessern, d'Leit opfänken, ee soziaalt Netz fir d'Leit spaanen, déi net méi kënnen hir lescht Aarbecht maachen, hinnen d'Méiglechkeet ginn, fir hir Aarbechtsplaz oder hir Aarbechtszäit esou unzepassen, fir weider kënnen am Betrib ze schaffen, oder awer hinnen hëllefen, fir eng aner Aarbecht ze fannen, déi hire Capacitéiten entsprécht. Dat war an et ass d'Zil vum Reklassementsgesetz, dat duerch dëse Projet de loi nach emol soll reforméiert a verbessert ginn.

De Projet de loi iwwert de Reklassement, e puer Fakten: Déposéiert gouf en de 14. Mäerz 2013 vum Minister Nicolas Schmit, d'Avise sinn erakomm vun der Chambre des Salariés, der Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics, den Avis vun der Chambre des Métiers an den Avis vun der Chambre de Commerce, och d'Avise vum Conseil d'État sinn erakomm, zweemol. Um Ordre du jour vu sechs Réuniounen stoung dëse Projet de loi. D'Analys ass gemaach ginn. Den Avis vum Conseil d'État an duerno d'Adoptioun vun enger Serie vun Amendementer si gemaach ginn. An de Rapport ass ugeholl ginn op den 29. Juni 2015.

De Projet gesäit eng Partie Ännerungen a Verbesserung vum Reklassement vir, wéi zum Beispill een neien Zougang zu der Prozedur vum Reklassement iwwert déi medezinesch Ennersichung vum Aarbechtssdokter, eng Accélération vun der Prozedur, eng eendeiteg Präferenz fir de Reclassement interne. An Zukunft wäerten daitlech méi Entreprises ënnert d'Bestëmmung vun interne Reklassement falen. Parallel gëtt d'Taxe compensatoire eropgesat, déi als Sanction virgesinn ass.

De Projet de loi féiert ee regelrechte Statut a fir d'Salariéen am Reclassement externe. D'Berrechnung vun der Indemnité compensatoire, déi ee Lounausfall soll kompenséieren, gëtt méi einfach ze berechnen. Och op d'Indemnité professionnelle d'attente, déi e Reclassement externe ënner gewëssene Konditiounen zegutt huet, wann en um Enn vum Chômage keng nei Plaz fonnt huet, op déi gëtt an Zukunft cotiséiert. An ech denken, datt dat e grouse Virdeel ass, wann een zum Beispill de Fall hëlt vun engem 55-jähregen, deem säi Chômage eriwuer ass, an deen da bis 65 Joer misst waarden, bis e seng Alterspensioun kéint kréien, hei awer nach weider ka cotiséieren iwwert deen dote Wee an da mat 57 Joer respektiv mat 58 Joer seng virgezunnen Altersrent ka kréien.

Déi Leit am Reclassement professionnel externe, déi op der Sich no enger Aarbecht sinn, kënnen an Zukunft sougenannten Travaux d'utilité publique maache beim Stat, bei de Gemengen, Gemengesyndikater, Etablissement-publiken an de Fondatiounen. All reklasséiert Leit wäerten an Zukunft periodesch enger Réévaluation ënnerzu ginn a kënnen hire Statut verléieren, wa se erëm hir Capacitéiten zrëckgewonnen hunn, déi se virdrun hatten.

Ech wäert duerno méi am Detail op déi eenzel Mesuren agoen, wéi se fonctionnéieren an ënner wéi enge Konditiounen.

Nach e puer Wieder zum Historique: D'Geschicht vum Reklassement geet am Fong zrëck op een Uerteel vun der Cour de cassation vum 28. November 1996, déi deen deemolegen Artikel 187 vum Code des assurances sociales ansécht interpretéiert huet, wéi et bis dohinner de Fall war. Bis zu deem Moment ass een Assuré als invalid deklariéiert ginn, wann en net méi konnt dee Beruff ausüben, an deem hie bis dohinner geschafft hat, oder awer, wann en incapabel war, een anere Beruff auszeüben, dee sengen Aptituden entsprach huet. Et ass bis dohinner duergaangen, wann eng vun deenen zwou Konditiounen erfëllt war.

Nom besoten Uerteel awer huet een als Assuré missen déi zwou Konditiounen, also net méi kënnen eleng am Beruff schaffen an net kënnen an engem anere Beruff schaffen, erfëllen. Vun do u gouf d'Invaliditéit also vill méi restriktiv ausgeluecht an och zougesprach.

D'Konsequenz war, dass vill manner Assuréeen an d'Invaliditéit erakoumen, an dat obschonns se déi Aarbecht, déi se virdru gemaach hatten, net méi konnte maachen, wat fir vill Assuréeen schwéierwiegend Konsequenzen hat. Dacks si se vun engem Krankeschäin an deen nächste gefall, éier se sech bewusst gi sinn, dass se definitiv net méi esou récupéiere géifen, fir erëm wéi virdrun an hirem Beruff virunzeschaffen.

A wann dann no 26 Wochen de Kënnegungsschutz ofgelaf ass, da soutzen der vill vun hinnen op der Strooss. Chômage hate se jo keen zegutt, well een dofir jo huet müssen disponibel si fir den Aarbechtsmaart. An dat ware se jo net. A wann dann d'Recht op Krankegeld ausgelaf war, dann ass nach just den RMG bliwwen. Fir esou Situatiounen ze évitéieren an opzefänken, ass d'Gesetz vum 25. Juli 2002

iwwert d'Incapacité de travail an d'Réinsertion professionnelle ausgeschafft a gestëmmt ginn. Hei goug et drëms, fir dee soziale Schutz vun de Betraffenen ze verbessern a fir d'Salariéen esou gutt wéi méiglech um Aarbechtsmaart ze halen.

Zweemol gouf deemools nogebessert. D'Gesetz vum 21. Dezember 2004 sollt, oder besser gesot hat als Zil, dass d'Assurée besser a méi séier en charge konnte geholl ginn a bei déi passend Servicer orientéiert ginn.

Dee sougenannten R4 ass de Mëtteg hei vill ernimmt ginn. U sech war d'Iddi awer gutt. Et war dee richtige Wee, denken ech. Oft läit den Däiwel am Detail, wéi vum Dokter Mertens hei gesot ginn ass, mä awer dee richtige Wee war et op jidde Fall, well, wann et mat Zäit erakomm wier, dann hätt do och kënnen mat Zäit vum Contrôle médical scho reagéiert ginn.

D'Gesetz vum 1. Juli 2005 hat als Zil, virun allem de Krees vum Bénéficiairé méi grouss opzemaachen och fir déi Leit, déi ënner anerem an der Invaliditéit waren an net méi d'Konditiounen vun der Invaliditéit erfëllt hunn, also hir Invaliditeren verluer hunn an da konnte vum Reklassement profitéieren.

Mä scho beim Vote vun dësen zwee Projete war ee sech bewusst, dass et fir dee Beräich kee Patentrezept gëtt, dass et esou vill Momenter a Punkte gëtt, wou verschidden Instanzen a Konditiounen müssen zesummespillen, dass et och an Zukunft néideg wier, fir de Gesetzter hir Implicationen, hir Knackpunkten an eventuell Effets pervers no enger Zäit ze ënnersichen an eventuell nozebesseren.

Et ass och dat, wat beim Vote vum Projet de loi 5322 gemaach ginn ass, wou de 15. Dezember 2004 an der Chamber an enger Motioun festgehalen gouf, ee Bilan ze maachen, deen och de Mëtteg hei e puermol ugeklongen ass, an eventuell Adaptatiounen an de Gesetzter virzehuelen, do, wou et néideg wier.

De Bilan vun der IGSS, der Inspection générale de la sécurité sociale, vum 4. Mäerz 2008 war duerchwuess. Verschidde Prozeduren konnten, opgrond vun deenen neie Gesetzter, verkierzt ginn, awer anerer hu weider geschleeft. Et huet sech och als néideg erweisen, fir d'Prozeduren an d'Décisionsprozesser méi transparent ze gestalten a besser ze koordinéieren.

Am Groussen a Ganze gouf festgehalen, dass den externe Reklassement, also de Reklassement vun engem Assuré, dee seng lescht Aarbecht net méi ka maachen, ausserhalb vum ale Betrib, dee Wee ass, dee weiniger attraktiv war an net esou gutt fonctionnéiert huet. Fir d'Éischt emol ass et schwéier, fir en extern Reklasséierten eng nei Plaz bei engem neie Patron ze fannen, déi dann och nach senge Fäegkeeten a Capacitéiten entsprécht. An da war et bis elo esou, dass een extern Reklasséierten, wann en eng nei Aarbecht ugeholl hat an déi verluer huet, all seng mam Reklassement verbonne Rechter verluer huet.

Dëst sinn also déi Punkten, wou d'Reform usetzt, iwwert déi mir elo hei diskutéieren, an domadder, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wiere mer bei den Haaptpunkte vum Projet de loi iwwert d'Reform vum Reklassement. D'Reform mécht een neien Zougang, fir an de Reklassement ze kommen, parallel zu dem normalen Zougang, nämlech iwwert d'Ennersichung beim Aarbechtsmedeziner.

Zweetens. Bis elo war et esou, dass ee Patron mat méi wéi 50 Salariéen huet missen ee Salarié, deen inapte fir e Poste à risques deklariéiert gouf, am Betrib réaffectéieren. An Zukunft wäert et esou sinn, dass dorausser eng regelrecht Obligatioun fir e Reclassement interne gëtt, an dat ab 25 Salariéen.

Dat ass och generell deen neie Seuil, dee fir de Reclassement interne soll gëllen. Ab 25 Salariéen ass eng Firma gehalen, fir e Reclassement interne ze maachen, et sief si ka beweisen, datt et wierklech net geet. Bei deem Seuil vu 25 Salariéen ginn an Zukunft och net méi wéi bis elo d'Travailleur handicapés berücksichtegt. Dat huet sech nämlech bis elo ze vill oft zu hirem Nodeel ausgewierkt.

Ech hat d'Chance oder de Pech, an där Kommissioun iwwer Jore mat ze siéigéieren, an esou eng Fäll waren dann do, a wann de Seuil bis erreecht war, iwwert den Travailleur handicapé erfëllt war, dann hate mer Leit, déi mer net méi konnte reklasséieren intern, wou et awer nach wierklech méiglech gewiescht wär. Ech mengen, dat ass eng gutt Verbesserung dat hei.

Dës nei Bestëmmunge solle wierklech de Schwéierpunkt op den interne Reklassement



leeën, dee generell zimlech gutt fonctionnéiert huet bis ewell, wat jo och logesch ass, well deem ale Patron kennt de Salaré a weess, wat e kann, och wann dee seng al Aarbecht net méi esou ka maachen, wéi dat virdrun de Fall war. Ass e Salaré awer bis emol aus sengem ale Betrib eraus, da brauch e fir d'Éischt emol oft eng Iwwergangszäit an et ass schwéier, een neie Patron an eng nei Plaz ze fannen, wou dat dann erëm alles passt.

Fir de Risiko fir de Reclasse externe esou kleng wéi méiglech ze halen, an an deem Sënn net ze découragéieren, fir eng nei Plaz unzuhuelen, gëtt bei dëser Reform och e regelrechte Statut vum Salaré am Reclassement professionnel externe geschafen, esou dass dee Betreffene ka sécher sinn, dass seng Rechter garantéiert bleiwen, och wann et emol schifgeet mat där neier Aarbecht.

Uganks war de Statut och op fir de Reclasse interne, dee seng Aarbecht verluer huet pour des raisons indépendantes de sa volonté. Well dëst awer kéint dozou verleeden, de Reclasse interne no engem Joer ze entloossen - den Délai, wou de Reclasse interne net därëf gekënnegt kréien, ass nämlech ee Joer - mam Argument, dass e jo souwisou och duerno duerch de Statut gutt versuergt wier, gouf den Text op dësem Punkt amendéiert. Dat ass e Kompromëss, dee mer do fonnt hunn. Deemno huet de Reclasse interne nach d'Méiglechkeet, an e Reclassement externe an an de Genoss vum Statut ze kommen, wann hie seng Aarbecht verléiert duerch ee Licenciement collectif oder awer, wann den Employeur mat sengen Aktivitéiten ophält.

Wann d'Prozedur vum Reclassement ugeet, do wäerten an Zukunft de Service de santé au travail an d'Commission mixte gläichzäiteg a parallel saiséiert ginn. Am initiale Projet de loi, esou wéi en déposéiert ginn ass, war d'Méiglechkeet virgesinn, fir eng Demande de réexamen eranzeginn, fir een zweeten Avis ze kréien. Dës Méiglechkeet gouf iwwert den Amendement erëm ofgeschafft, well déi risikéiert hätt, d'Prozedur nach emol ze verlängeren, esou dass se erëm méi laang gedauert hätt, amplaz méi kuerz ze ginn, bis dass d'Commission mixte hir Décisioun hätt kënnen huelen.

Dobäi sief awer och bemierkt, dass bei all dësen Décisiounen eng Procédure de recours uniforme virun de Juridictions sociales méiglech ass. D'Berechnung vun der Indemnité compensatoire, déi geduecht ass, fir en eventuelle Lounausfall ze kompenséieren, gëtt vereinfacht an an der Assiette cotisable gebonnen, esou dass eng informatiséiert Berechnung iwwert de Centre commun de la sécurité sociale méiglech ass.

Déi fréier Indemnité d'attente gëtt ersat duerch eng Indemnité professionnelle d'attente fir de Reclasse externe, deem um Enn vu senger Prozedur net konnt reklasséiert ginn, weder an engem ale Betrib nach an engem neien, an deem op d'mannst eng Aptitude op sengem leschten Aarbechtsposte vun zéng Joer muss kënnen virweisen. D'Indemnité professionnelle d'attente ass fixéiert op 80% vun der Moyenne vum fréiere Salaire, woubäi déiselwecht Plaffongen applizéiert gi wéi beim Chômage. Déi nei Indemnité professionnelle d'attente gëtt ugesinn als Revenu de remplacement am Kader vun engem verlängerte Chômage, op deem da logescherweis och d'Charges sociales ze bezuele sinn, wéi d'Steieren och. Dat ass wichtig, wéi ech et virdru bemierkt hunn, wann et drëms geet, fir eng Alterspensioun ze kréien. Si gëtt jee zur Hallschent finanzéiert vun der zoustänneger Pensionskeess an dem Fonds pour l'Emploi.

Iwwregens ass et jo och esou, dass d'Leit am Reclassement professionnel externe, déi op der Sich no enger Aarbecht sinn, vum Stat an de Gemengen, de Gemengesyndikater, den Établissements publics an de Fondatione kënnen fir allgemeng nützlech Aarbechten erugezu ginn. D'Mindestdauer ass véier Méint. D'Tächen an d'Aarbechten, ëm déi et geet, mussen kloer definéiert sinn a währenddeems mussen déi Concernéiert een Tuteur, dee se encadréiert, kréien, dee se ënnerstëtzt an awer och begleet.

Dës Mesure, déi wéi eng Occupation temporaire indemnisée ausgesäit, déi als OTI fonctionnéiere soll, soll dem Reklasséierten eng sënnvoll Aarbecht ginn, während där Zäit, wou e keng Aarbecht huet.

An Zukunft wäert och den Aarbechtsdokter a regelméissegen Ofstänn obligatoresch Réévaluatione maachen, fir dem Reklasséierte seng

Situatioun, a wéi se sech entwéckelt huet, anzuschätzen. Dat betrëfft zum Beispill eng Upassung vun der Aarbechtszäit an d'Fro, ob déi eventuell misst adaptéiert ginn. Mä grad-esou gëtt gekuckt iwwert dem Reklasséierte seng Aarbechtscapacités. Dës Réévaluation kann dann een Afloss hunn op seng Indemnité compensatoire oder och d'Indemnité professionnelle d'attente, d'Aarbechtszäit oder iwwert de Statut spécifique.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamberskommission huet sech, am Kader vun den Aarbechte vun dësem Projet de loi iwwert de Reclassement an och am Zesammenhang mat der Reform vum Contrôle médical, och nach mat enger Partie aneren Theme befaasst, déi direkt oder indirekt mat dësem Thema ze dinn hunn. Ech mengen, et war de Sujet vun den 52 Wochen. Ech wëll och net méi op deem hei elo agoen. Ech mengen, do si Léisungen opgezechent ginn, déi een awer wierklech kann noliesen.

Nach e puer Zuelen iwwert d'Invaliditéiten an d'Incapacités. 20% vun den 18.000 Demandeurs d'emploi, alles Résidents, si Leit, déi am Reclassement externe sinn an op der ADEM ageschriwwen sinn. Dobäi kommen nach emol 2.400 Reclassés externes, déi Netrésident sinn, dat heescht, mir hunn also am Ganze ronn 6.000 extern Reklasséierter, déi keng Aarbechtsplaz hunn.

D'Kommission huet och bemierkt, dass et bei enger Partie vun extern Reklasséierte ganz schwierig ass, se erëm op den Aarbechtsmaart ze kréien. Dat ass virun allem wouer fir all déi, déi keng oder nëmme wéineg Qualifikatiounen hunn. Festgestallt gouf och, dass déi psychosozial Krankheeten ëmmer méi heefeg sinn. Si maache mëttlerweil och ee gudden Deel vun de Reklassementer aus.

Dann ass och nach d'Fro gestallt ginn, ob an a wéi engem Mooss ee Reklasséierten, wann hien eng Indemnité professionnelle d'attente oder eng Indemnité compensatoire kritt, nach eppes därëf derbäiverdengen, respektiv wat geschitt dann, wann e Patron dem Salaré géif eng Augmentatioun ginn. D'Antwort war déi aus der Kommission, dass u sech gesot ginn ass, dass dat da vun der jeeweileger (veuillez lire: vun der jeeweileger Indemnité professionnelle ofgezu misst ginn, mam d'Argument) fir ze soen: D'Effentlechkeet séichert dat of, wat een als Lounausfall net konnt kompenséieren, an net méi an net manner.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Reclassement ass eng extrem wichtig Mesure. Si soll, wéi schonns aganks gesot, ee soziaalt Netz spanen, fir déi Leit opzefänken, déi net méi hir normal oder fréier Aarbecht maache kënnen. Dobäi ass et awer fir de Gesetzgeber ganz schwierig, fir all méiglech Fäll vum Gesetz grad wéi all méiglech Mëssbräich ze berücksichtegen.

Den Däiwel läit hei, wéi esou dacks, am Detail. An ech mengen, dass mir weider mussen och an Zukunft kucken, wéi gutt a wéi schlecht d'Prozedure fonctionnéieren, an dofir dee ganze System no enger Zäit erëm réévaluéieren a gegebenenfalls nobesseren.

All weider Detailer kënn Dir a mengem schrëftleche Rapport noliesen. Merci de Mat-aarbechter vun der Chamber an aus eiser Fraktioun an natierlech och aus der Chamberskommission. An ech ginn hei selbstverständlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun an ech soen dem President Merci, dass e mer e puer Minutte méi ginn huet.

Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. Ech mengen, d'Kollegen hu gemierkt, dass déi Flexibilitéit dorop zrëckzeféieren ass, dass kee weidere Riedner vun dem Här Arndt senger Partei hei wäert schwätzen.

(*Interruption*)

Jo, den Här Mertens.

► **M. Edy Mertens (DP).** - Här President, ech weess net, ob dat geet, mä ech wollt just e Wuert...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ma probéiert et emol.

► **M. Edy Mertens (DP).** - Jo.

(*Hilarité*)

Neen, ech wollt just zum Här Arndt soen an nach eng kéier betounen, dass ech absolut net géint den R4 sinn, sondern fir méi e spezialiséierten R4-Formular, wou ech da gesinn, als Kontrolldokter, direkt, dat do huet kee Wäert, dass du e bestells, well deem do ass operéiert ginn, deem huet nach fir véier Wochen. Dat do ass en Accident domestique, dee geet jo

gewéinlech an der Krankmeldung zweemol esou séier wéi en Accident de travail, dass mer do e bësse kéinten... Mä ech sinn net géint den R4.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dir hat dat virdru ganz gutt explizéiert.

► **M. Edy Mertens (DP).** - Merci, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Mertens. An dann huet d'Wuert direkt den Här Aly Kaes, dee prett ass.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

Discussion générale

► **M. Aly Kaes (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'Éischt, dem Rapporteur, dem honorabelen Députéierte Frank Arndt, fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport Merci ze soen.

Jo, wann 2002 am Kader vun den Debatten iwwert de Projet de loi concernant l'incapacité de travail et la réinsertion professionnelle vun engem ganz fragile Kompromëss rieds war, esou muss een haut feststellen, dass de Reclassement zu engem unerkannten Instrument vun der Aarbechtsmaartpolitik ginn ass.

De System, deem deemools agefouert ginn ass, war sécher net perfekt, soss géife mer haut net eng Rei Saache verbessern. Mä et war kloer, deemools schonn, dass eng Rei Adaptatioun misste geschéien, wann een eng bestëmmten Erfahrung dermat gemaach hätt.

No engem Rapport vun der Inspection générale de la sécurité sociale gouf festgehalen, dass de legale Kader vum Reclassement ebe misst iwwerschafft ginn, net, fir de System, wéi gesot, a Fro ze stellen, mä well eng Partie Nobeserunge sech opdrängen.

De Bilan vun der IGSS war an engem gewësene Sënn duerchwuessen. Verschidden Erwaardungen un den deemolege gesetzleche Kader waren erfëllt, eng ganz Rei anerer awer net oder nëmme bedéngt.

Et war also och net verwonnerlech, dass de Regierungsprogramm vun 2009 d'Revisioun vun der Gesetzgebung confirméiert huet. Deemools sinn, an ech ziele se op, folgend Punkten zrëckbehalen: Éischtens sollt de Seuil, ab deem eng Entreprise sollt kënnen gezwonge ginn, Beschäftegt intern ze reklasséieren, no ënnen adaptéiert ginn. Och sollt eng Entreprise sech hirer Verpflichtung net entzieë kënnen, andeems se op d'Salariée mat Handicap am Betrib verweist. Zweetens sollt e spezifesch Statut vum Salaré am berufleche Reclassement geschafe ginn. Och sollt den Aarbechtsdokter méi eng wichtig Roll kréien, notament um Niveau vun de regelméissegen Examen vun de Reklasséierten. Véiertens gouf eng Aart professionell Invaliditéit an d'A gefaast fir déi Leit, déi zwar extern reklasséiert goufen, dat heescht bei der ADEM gefouert ginn, ouni awer jee op eng nei Beschäftegung kënnen ze hoffen. Fënneftens ass virgeschloe ginn, d'Berechnung vun der Kompensatioun fir d'Reklasséiert ze vereinfachen. A last but not least sollt verschidde Prozedure punktuell ugepasst ginn.

Wann ech also déi eenzel Punkte kucken, déi 2009 am Regierungsprogramm stoungen, an dat, wat mer haut am Gesetzesprojet virleien hunn, da muss ee feststellen, dass all déi Punkten opgegraff an och ëmgesat goufen, weinstens zu engem ganz groussen Deel. Dat erkläert sech natierlech zum engen, well de Projet nach vun der viregter Regierung hannerluecht ginn ass. Zum aneren awer och, well mer an der Aarbechtskommission d'Noutwendegkeet vun dësen Upassungen erkannt hunn an eng ganz konstruktiv Diskussioun haten an dat Ganzt gutt ausdiskutéiert hunn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Aly Kaes (CSV).** - Dass de Rapport mat de Stëmme vun all Memberen ugeholl ginn ass, ass also och de Beweis duerfir.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, jo, domat kéint meng Ried eigentlech schonn um Enn sinn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Aly Kaes (CSV).** - Ech dinn lech dee Gefallen awer elo net, well ech wollt...

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. Aly Kaes (CSV).** - ...awer nach op e puer Punkten zrëckkommen.

Wa mer haut dëse Projet stëmmen, dann ass dat u sech kee Selbstzweck. Neen, et geet, wéi et och virdru scho beim Här Arndt ugeklungen ass, et geet drëm, de Regime vum Reclassement am Intérêt vun de Betreffene ganz kloer ze optiméieren. Den Akzent soll deemno virun allem, an dat ass, mengen ech, ganz wichtig an deene Verbesserungen, den Akzent soll also

deemno op der Weiterbeschäftegung vum Concernéierten a sengem Betrib leien. Duerfir soll de Reclassement externe och, de Reclassement interne, pardon, och den absolute privilegierte Wee sinn.

(*Mme Simone Beissel prend la présidence.*)

Bon, fir kleng Betriber ass dat natierlech schwéier ëmzesetzen. Duerfir gesäit eist Aarbechtsrecht och haut scho vir, dass u sech Patrone mat manner wéi 25 Salaréien et fräisteet, dem Salaré intern e Posten unzibidden oder net. E soll awer ganz kloer alles maachen no senger Méiglechkeeten, fir dat ze realiséieren. Hien huet u sech, all Patron huet, wann en e Salaré laang huet an de Salaré gegebenenfalls souguer duerch seng Aktivitéit am Betrib eng Rei Handicappe kritt huet, dann huet en u sech eng moralesch Verpflichtung, ze kucken, en Job, en ugepassten Job am Betrib ze fannen, och dann, wann de Betrib manner wéi 25 Leit beschäftigt.

Déi méi grouss Betriber - bon, wéi gesot, mir schwätzen hei ebe vun deenen iwwer 25 oder vu 25 Beschäftegten un; et sinn dat der eng ronn 2.000 hei zu Lëtzebuerg - hunn awer d'legal Verpflichtung, de Concernéierten, wéi ech dat virdru scho gesot hunn, weiterbeschäftegen, an zwar op engem adaptéierte Posten.

Wéi de Rapporteur et och scho gesot huet, gëtt de Seuil, och am Fall vum Poste à risques vu 50 op 25 erofgesat. De Patron ka sech och an Zukunft, an dat ass och scho gesot ginn, net dermat erausrüden, wann een dat kann esou soen, wann en eng ganz Rei vun handicapéierte Leit, behënnerde Leit schonn a senger Reien huet.

Sollt de Patron sech awer net un dës Décisioun vum Comité mixte am Kader vun engem interne Reclassement halen, esou mécht e sech strofbar. Éischtens penal, an zwar, wann en de Salaré einfach weider op deem Poste beschäftigt, wou e virdru beschäftigt war, obschonns en u sech net méi apte au travail ass fir dee Posten. An zweetens mécht e sech natierlech och, ass et och net, wann e seet: „Ech hunn einfach kee Poste fir dee Betreffenen.“, da muss en eng Tax bezuelen. An déi Tax, déi da bezuelt gëtt, déi ass och nach eng kéier no uewen ugepasst ginn. An ech mengen, dass dat och all Patron encouragéiert, wierklech bis zulescht ze kucken, ob en dann net awer en adaptéierte Posten am Betrib huet, well et ass, Dir Dammen an Dir Hären, einfach wichtig a richtig, dass jiddwereen hei, dass all Patron hei seng Responsabilitéit hält.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Aly Kaes (CSV).** - E Patron dee sech einfach un d'Gesetzter hält, dee beschäftigt nëmme Leit, déi apte si fir all Posten, déi en am Betrib huet, a beschäftigt Leit, déi also keng Incapacité de travail op deene respektive Poste virweisen.

Ech wëll an deem Kontext och nach eng kéier vläicht drop hiweisen, dass u sech all Employeur verpflichtet ass, wann e Leit astellt, fir se bei den Aarbechtsdokter ze schécken a fir domadder feststellen, ob déi Leit fir de respektive Posten apte sinn. An anere Wieder: Wann déi Beschäftegt also dann apte sinn, ass et, wéi ech et och scho gesot hunn, am Laf vun der Zäit, wou se vläicht duerch hir Aktivitéit am Betrib eben eng Rei Behënnerunge kéinte kréien an, wéi gesot, dann ass et nëmme normal, dass de Patron alles mécht, dass de Patron sech u sech revanchéiert fir déi laang Zäit, wou d'Leit am Betrib eng exzellent an eng gutt Leeschtung bruecht hunn.

De virleiende Gesetzestext setzt also nach eng kéier méi staark op, wéi gesot, déi innerbetriebllech Weiterbeschäftegung. De Reclassement externe soll nach ëmmer nëmme subsidiaresch spillen, dat heescht, wann d'Commission mixte zum Schluss kënn, dass e Reclassement interne kee Sënn mécht.

Déi Persoun kritt dann an Zukunft ee spezielle Statut, op Franséisch „personne en reclassement professionnel“, a gëtt automatesch bei der ADEM gefouert. Ronn 20%, an dat ass effektiv - an ech mengen, och dat ass eppes, wat mer mam Här Minister Schmit an der Kommission diskutéiert hunn an eng kéier festgestallt hunn, woubäi dass awer jiddwereen et weess, dass ronn 20% vun eisen Demandeurs d'emploi effektiv Leit sinn, déi en externe Reclassement hunn. A mir wëssen allegueren, dass et extrem schwéier ass, fir deene Leit en neien Job ze fannen.

Hei ass et och wichtig ze betounen, dass d'Indemnité d'attente an eng Indemnité professionnelle d'attente ëmgewandelt gëtt. An anere Wieder: Mir verabschieden eis vun enger Pensionslogik a bezuelen de Concernéierten en Akommes aus. An domadder also och gëtt et weider cotiséiert, wéi de Rapporteur dat alles scho gesot huet. Dëst Akommes gëtt dann och net méi vun der Pensionskeess, wat jo da logesch ass, mä vun der ADEM ausbezuelte.



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Dësen éischter symboleschen Akt weist, dass et un alleréischter Stell drëm geet, de Reklasseierten nees ze aktivéieren, hien um Aarbechtsmaart ënnerzebréngen. D'Commission mixte kritt och an dësem Beräich méi Pouvoir. Dat heescht, se kann, wéi dat awer och schonn zum Deel bis elo de Fall ass, dem Reklasséierte Reconversions- voire Rehabilitationsmoosname virschreien. Hält de Betreffene sech net do drun, dann ass et och esou, datt en dann, an deem Fall, säi Statut géif verléieren.

Net nëmmen d'Entreprise ginn an d'Flicht geholl, neen, och déi Reklasséiert. Si mussen der ADEM zur Verfügung stoen, mussen, gegebenenfalls, allgemeng nätzlech Aarbechte verrichten, an engem bestëmmte Kader. Si mussen sech awer och un d'Virgaben an un alles dat, wat d'Commission mixte ugëtt, halen. Et ass also en équilibréierte Pakt. Béid Parteien, dat heescht de Patron an awer och de Reklasseierten, sollen hir Responsabilitéit iwwerhuelen.

Op prozeduralem Plang bedeit dëse Projet och e Fortschrëtt. Zum enge gëtt d'Wichtigkeet vum Aarbechtsdokter ervirgestrach. Zum anere gëtt d'Prozedur vereinfacht a beschleunegt, wat am Intérêt vun alle Betreffenen ass. Och de Schutz vum Salaré gëtt verbessert, well hien, soubal wéi d'Commission mixte befaasst ass, u sech géint Entloossunge geschützt ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen haut e ganz wichtige Projet. Mä wéi d'Vergaangenheet eis et gewisen huet, wäert och dës Reform erëm eng Kéier mussen, an och dat huet de Rapporteur scho gesot, evaluéiert ginn. Et muss gekuckt ginn, ob d'Zilsetzung konnter erfüllt ginn an ob de System net ëmgaange ginn ass.

D'Chambre des Métiers huet gewarnt, dass d'Patrone Laangzäitkranker kéinte méi séier entloossen, dat heescht, nach ier d'Commission mixte mat engem Dossier befaasst wier. Ech denken, dass dat reng Drohgebärde waren an dass sech all Patron senger Responsabilitéit bewosst ass. Mir sollten dës Evoluitioun trotzdeem awer am A behalen.

Et ass och wichtig, dass gekuckt gëtt, wéi d'Patronen an Zukunft mat den Décisiounen vun der Commission mixte ëmginn, ob méi Leit intern reklasséiert konnt gi respektiv wéi och a sech d'Ausgabesäit evoluéiert huet.

Et sollt och gekuckt ginn, wéi d'Patronen et mam Examen médical d'embauche esou halen. Mir wësse jo, dass Persounen, déi manner wéi dräi Joer an engem Betrib sinn an de Certificat d'aptitude net kënnen nowiesen, net éligibel si fir de Reclassement. Och wann de Patron, dee keen Examen d'embauche organiséiert, penal Strofe riskéiert, esou kann et fir hien och e Moyen sinn, fir laanscht eventuell Reklassementer ze kommen. Do sollte mer ebenfalls, wéi gesot, och en A drop halen.

Ech wier duerfir frou, wann d'Minister eis vum Oflaf vun dëser Legislaturperiod e Bilan vun dëser Reform kéinte presentéieren. An deem Sënn iwwerreechen ech lech, Här Chamberspräsident, dës Motioun...

(Hilarité)

... - oh, Madame, entschëllegt! -, Madame Présidentin,...

(Hilarité)

...dës Motioun am Numm vun der CSV-Fraktioun.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que le dispositif du reclassement actuel a depuis son introduction en 2002 à plusieurs reprises été modifié;

- considérant que le projet de loi 6555 portant modification du Code du Travail et du Code de la sécurité sociale concernant le dispositif du reclassement interne et externe se fonde entre autres sur le bilan d'évaluation de l'Inspection générale de la sécurité sociale (IGSS) du 4 mars 2008;

- considérant que la présente réforme vise à promouvoir une nouvelle fois le recours au mécanisme du reclassement interne (notamment en élargissant le cercle des entreprises soumises à ce dispositif et en augmentant la taxe de compensation en cas de refus de l'employeur d'y procéder) et à améliorer la situation des personnes en reclassement externe;

- considérant qu'un autre objectif consiste à améliorer les procédures applicables et à renforcer le rôle du médecin du travail dans ce cadre;

- considérant qu'il importe de procéder à une évaluation de la présente réforme, en étudiant l'impact de celle-ci sur le dispositif du reclassement interne et son acceptation par les entreprises, l'évolution de la situation des reclassés externes, de même que les activités du médecin du travail dans le cadre de ce nouveau dispositif;

- notant que la présente réforme n'apporte aucune solution à la situation des personnes atteintes d'une maladie de longue durée (au-delà des 52 semaines sur une période de 104 semaines) dans le sens du maintien de leur contrat de travail,

invite le Gouvernement

- à établir avant la fin de la présente législature un bilan sur les dispositions contenues dans la loi susmentionnée et à procéder, le cas échéant, aux adaptations qui s'imposent,

- à soumettre dans les meilleurs délais à la Chambre des Députés un projet de loi prévoyant le maintien du contrat de travail en cas de maladie prolongée avec perspectives de réintégration sur l'ancien poste de travail.

(s.) Aly Kaes.

► **Mme Simone Beissel**, Présidente de séance.- Merci.

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Dir Dammen an Dir Hären, den honorablen Här Engel huet virun nach eng Kéier op déi ganz Problematik vun den 52 Woche Krankheet an 104 Wochen opmierksam gemaach. Ech wollt ebenfalls dës Problematik nach eng Kéier hei uschwätzen. Och wann den Här Engel ugedeit huet, datt u sech Léisungen a Siicht wieren, dann ass et awer e Fait, datt mer bis haut et nach ëmmer net fäerdegbruecht hunn, eng rasonabel Léisung ze fannen, wat fir eng ganz Rei Leit ganz einfach eng Katastroph bedeit, well se net nëmme géint eng schwéier Krankheet musse kämpfen, mä och nach ëm hir Existenz musse fäerte respektiv hir Existenz verléieren.

Den Här President ass elo net heibannen. Ech wëll awer drun erënneren, dass 2004 - jo, dat ass schonn e puer Deeg hier - zwee jonk Deputéierten op all déi Problemer, déi heimat zesummenhänken, opmierksam gemaach hunn. Et waren dat de Marc Spautz a meng Wéinegkeet.

(Exclamations)

Mä mir hunn deemools, well mer bluttnéi waren, einfach kee Gehéier fonnt. Den Här President ka sech nach ganz sécher drun erënneren, dass mer mat him als zoustänneg Minister deemools vehement Diskussiounen haten, datt...

(Interruption)

Jo. Jo, dat, wat mer... Jo, dat sot Dir esou, mä dat, wat mer deemools scho gesot hunn, dat ass an all deene Joren ëmmer erëm geschitt. An et sinn extrem vill Leit, a virdrun ass eng Zuel vun 250 genannt ginn, mä iwwer all déi Jore waren et enorm vill Leit, déi ënnert där Regelung do gelidden hunn, wa se eng schwéier Krankheet hate respektiv wa se en Unfall haten,

dee relativ laang gedauert huet, an da koume se zum Beispill no eefel Méint zrëck an de Betrib, wou se iwwerhaupt keng Schold un deem Unfall haten, an dann hu se no véier, fënnf Méint, duerch Zoufall, mat enger anerer Saach hu missen operéiert ginn, an dann ass et eng Woch iwwert déi 52 Wochen erausgaangen, an da si se ganz einfach ofgemellt ginn.

Dat sinn net Eenzelfäll. Et sinn och vläicht keng Dausende Fäll, mä allegueren déi Betreffen, muss ech einfach soen, fir jiddwereen, deen dovunner beträff war, ass et ee Betreffenen ze vill gewiescht. An duerfir menge mir als CSV-Fraktioun - an ech hoffen dann, datt dat esou ass, wéi den Här Engel dat hei ugedeit huet -, datt mer dann elo kuerzfristeg eng Solutioun fannen, fir datt dee Problem, dee mer eis ganz gutt hätte kënnen erspueren, wa mer 2004 et net agefouert hätten, datt dee Problem dann elo endlech geléist ass.

Ech wëll och direkt soen, fir datt den Här Minister mer net herno seet: „Ma, do waart Dir jo awer mat an der Regierung.“, mä mir hunn och an eise Reie vergeblech gestriden, muss ech einfach ganz kloer...

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Jo, ma dat soll een... Et soll een och do éierlech sinn.

(Interruptions)

Ech wëll just soen...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Dir hätt sollen domadder ufänken!

► **Mme Simone Beissel**, Présidente de séance.- Den Här Kaes huet eleng d'Wuert!

► **M. Aly Kaes** (CSV).- De Minister hat an der... Ech wëll awer just soen, datt de Minister awer nach ëmmer vun Ärem Bord war...

(Interruptions)

...an d'Haaptresponsabilitéit hat, datt dat doten an där doter Form agefouert ginn ass.

Bon, dat gesot, wëll ech awer am Numm vun der CSV den Accord fir dëse Gesetzesprojet ginn, a mer soe Merci fir d'Nolauschteren.

(Interruptions)

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, Présidente de séance.- Merci dem Här Kaes. Als nächst Riednerin hunn ech hei ageschriwwen: d'Madame Joëlle Elvinger.

Madame Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP).- Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleginnen a Kollegen, d'Situatioun op eise Aarbechtsmaart huet sech säit der Finanz- a Wirtschaftskris 2008 dramatesch verschlechtert. Aktuell iwwer 17.000 Leit ouni Aarbecht schwätzen eng kloer Sprooch.

Ongeféier 20% vun den Demandeurs d'emploi befanne sech an engem Reclassement externe. Mat den Non-résidents ziele mer am Ganze 6.000 Leit an engem Reclassement externe. Den Erfolleg vun dem Reclassement externe dierf hei op dëser Plaz och eng Kéier ganz daitlech ugezweifelt ginn, wann ee bedenkt, wéi weínege vun dëse Leit erëm op den éischten Aarbechtsmaart zrëckkomm sinn. Dat ass eng dramatesch Entwécklung fir déi betrafte Persounen a fir eise Sozialstat.

D'Prozedur vum Reclassement, déi relativ rezent agefouert gouf, ass zu engem ganz wichtigen Auswee fir ganz vill Leit a schwierengen, deels dramatesche Situatiounen ginn, Leit, déi duerch e Schicksalsschlag net méi capabel waren, op hirer ursprénglecher Aarbechtsplaz ze bleiwen. De Reclassement, ob interne oder externe, huet dëse Leit d'Dier vum Aarbechtsmaart opgeloo, wat, wéi mir all wëssen, an dësen Zäite besonnesch wichtig, heiansdo souguer iwwerliewenswichtig ka sinn.

Wéi bei all neiem Gesetz, besonnesch am Droit du travail, ass et awer och beim Reclassement esou, datt een no e puer Joer mierkt, datt et Ineffikassitéiten an der Prozedur gëtt, déi de betreffenen Akteuren d'Liewen onnéideg schwéier maachen, respektiv Insuffisancen, déi Abuse vum System zouloossen.

Et muss een awer soen, wat e bësse bedenklech ass, ass, dass dëst schonn de véierte Jet vun dësem Gesetz ass. Aus dësem Grond kann d'Demokratesch Partei nëmme begrëssen, dass d'Gesetz vum Reclassement haut zesumme mam Contrôle médical um Ordre du jour vun der Chamber stoung. Et ass eng Evidenz, dass, wann ee vun Effikassitéit beim Reclassement schwätzt, de gudde Contrôle médical an engem Otemzuch muss genannt ginn.

Och wann d'Grenzen tëschent deenen zwee Projets de loi eigentlech fléissend sinn, wëll ech net weider op de Contrôle médical méi agoen, well dat huet mäi Virriedner a Kolleg Edy Mertens schonn ausféierlech virdru gemaach.

Déi éischt wichtig Innovatioun, déi dëse Projet de loi mat sech bréngt, ass d'Schafe vun

enger neier Voie d'accès an de Reclassement duerch d'Ënnersichung vun engem Aarbechtsdokter. Dëst soll et erméiglechen, méi séier op d'Besoin vum Salaré a vum betraffene Betrib agoen ze kënnen.

Da soll de Reclassement interne par rapport zum Reclassement externe favoriséiert ginn, andeems de Krees vun de Betriber, déi fir e Reclassement interne a Fro kommen, vergréissert gëtt. Mat dësem Gesetz wäerten an Zukunft d'Betriber ab enger Gréisst vu 25 Leit obligéiert sinn, eng agestallte Persoun, déi inapte op engem Poste à risques deklaréiert ginn ass a säit op d'mannst zéng Joer am Betrib schafft, intern am Betrib ze reklasséieren. Dee Seuil geet also vu bis ewell 50 Salaréien op 25 erof. Wann een elo nach bedenkt, dass gläichzäiteg net méi gekuckt gëtt, ob ee Betrib de Quorum fir handicapéiert Aarbechter erfüllt, bedeit dat scho wesentlech Annerunge fir de Reclassement interne.

Och wann et prinzipiell begrëssenswäert ass, datt an Zukunft méi betrafte Persounen a Fro kommen, fir an hirem Betrib weiderschaffen ze kënnen, muss een awer dach am Hannerkapp behalen, dass verschidde kleng Betriber hei eng Zousatzbelaaschtung operluecht kréien, déi et gëllt, am A ze behalen.

Déi parallell Saisine vum Service de santé au travail a vun der Commission mixte soll d'Evaluatioun accélérieren a méi séier zu enger Décisioun vun der Commission mixte féieren. Dës Commission mixte ass an Zukunft och kompetent, fir d'Décisioun iwwert de Statut vu Persounen am Reclassement externe ze huelen.

Dësen neie Statut gëtt agefouert, fir sécherzestellen, datt eng Persoun, déi sech an der Prozedur vum Reclassement externe befënnt, hir Rechter am Kader vum Reclassement net riskéiert, wéi aktuell, ze verléieren. Och Persounen, déi während engem Reclassement interne hir Aarbecht onofhängeg vun hirer Volontéit verluer hunn, kënnen an Zukunft eng Demande de reclassement externe un d'Commission mixte stellen.

Et ass natierlech méi wéi begrëssenswäert, wann d'Prozeduren accélériert ginn. Ech hoffen, datt d'Commission mixte mat all deenen zousätzlechen Aufgaben a Kompetenzen, déi dëse Projet de loi hir uvertraut, net quantitativ iwwerfuert gëtt an déi viséiert Ziler doduerch net kéinten erreecht ginn. Och hei gëllt et, d'Entwécklung an den nächste Joren am A ze behalen.

Eng ganz wichtig a begrëssenswäert Neierung ass dann och d'Obligatioun vun den Aarbechtsdokteren, fir periodesch Réévaluationen vu Persounen an engem Reclassement professionnel ze maachen. Virun allem Persounen, déi u psychosoziale Krankheete leiden, wäerte regelméisseg evaluéiert ginn, wat hir Aarbehtscapacitéit ubelaangt, wat Konsequenzen op d'Indemnité compensatoire, d'Indemnité professionnelle d'attente, d'Aarbechtsszäit an natierlech de spezifische Statut kann hunn.

Wann den Aarbechtsdokter feststellt, dass eng Persoun net méi inapte ass, gëtt déi betrafte Persoun natierlech erëm en normale Salaré. Et ass dës Contrôler, dee mat der aler Gesetzgebung awer e bësse gefeelt huet an an Zukunft Abuse verhënnere wäert. Besonnesch och fir déi nei Indemnité professionnelle d'attente, déi jo awer substanzuell och de Fonds pour l'Emploi an d'Pensiounskeess belaauscht, ass esou eng regelméisseg Kontroll am Sënn vun der Gerechtegkeet an dem legitimen Asaz vu Steiergelder wichtig.

Hei ass och ze bemierken, dass momentan de Fonds pour l'Emploi alles bezitt an an Zukunft d'Pensiounskeess an de Fonds pour l'Emploi jeeeweils d'Halschent vun de Käschen ze droen hunn. Ech mengen, dass et dofir vläicht ubruecht wier, dass och e Vertrieeder vun der Pensiounskeess, also vun der CNAP, hätt kënnen an d'Commission mixte delegéiert ginn, vu dass d'CNAP hei d'Halschent bezuele muss.

Schliisslech begrëisst d'DP och, dass en Demandeur d'emploi en reclassement professionnel externe fir Travaux d'utilité publique beim Stat an Usproch ka geholl ginn. Vun dëser Mesure profitéiert souwuel de Stat, eben duerch d'Utilité publique, mä och déi betrafte Persoun, déi enger sënnavoller Beschäftigung kann nogoen.

Alles an allem proposéiert dëse Projet de loi eng Rei nei Mesuren, déi et an Zukunft erlaben, méi séier a méi effikass op d'Besoin vu Leit ze reagieren, déi ënner enger Incapacité de travail leiden.

Wa mir vun Effikassitéit am Beräich vum Reclassement schwätzen, kommen ech natier-



lech och net derlaanscht, fir zwee Wieder iwwert déi ominéis 52-Wochen-Disposition ze soen. Et ass jo allgemeng bekannt, dass den Aarbechtskontrakt opgeléist ass, wann dem Salarié seng Rechter no 52 Woche bei der Krankeess auslafen. Ech mengen, dass et richtig war, dass een d'Fro, ob een oder ob een net Ausnahmeregelungen zu dëser Disposition sollt aféieren, net am Kader vun dësem Projet de loi gekläert huet, well et och ausserhalb vun dëser Prozedur vum Reklassement zu Problematike mat dëser Regelung kouw.

Onofhängeg vun den Diskussiounen, déi d'Regierung mat de Sozialpartner gefouert huet an nach féiere wäert, wëll ech am Numm vun der DP-Fraktioun betounen, dass mir selbstverständlech der Meinung sinn, datt et Persounen gouf a wäert ginn, wou déi virdru genannten Disposition net dierft ugewannt ginn, well se einfach net gerecht ass. Ech schwätzen hei vu schwéierkranke Leit, déi sech zum Beispill an enger Kriibsbehandlung befannen. E Sozialstat däerf net zouloossen, dass esou Mënschen, déi scho genuch un hirer Krankheet ze leiden hunn, och nach am Aarbechtswelt zousätzlech bestrooft ginn an esou och nach finanziell an d'Labrante komme kéinten. Hei muss derfir gesuergt ginn, datt d'Dier vun der Aarbechtswelt no enger Genesung erëm grouss opsteet.

Ech wëll an dësem Kontext awer och betounen, dass et sech hei ëm e rengt Sécherheetsnetz sollt handelen, well ech weess, dass vill Patronen hir Salariéen an esou enger Situatioun net géifen am Stach loossen. E Patron weess gutt Mataarbechter ze schätzen an huet jo keen Intérêt drun, déi gutt Leit ze verléieren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Joëlle Elvinger (DP).** - Fir ofzeschlësse muss een awer och soen, datt et leider och Fäll vun Abusen opsäite vu Salariéengouf, soudatt d'DP op kee Fall d'52-Wochen-Disposition allgemeng wëllt a Fro stellen.

Nodeems ech dem Rapporteur dann och wëll Merci soe fir säi gudden schréffleche wéi och mündleche Rapport, ginn ech den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

(**Interruption**)

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci der Madame Elvinger. Als nächste Riedner hunn ech hei ageschriwwen: den Här Gérard Anzia. Här Anzia, Dir hutt Wuert.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Merci, Madame Presidentin. Wann de Luef un de Rapporteur elo grad geschwat ginn ass, da géif ech direkt domat ufänken, well da fillt e sech duebel géiert. Dem Fränk Arndt e Merci fir säi gudden mündlechen a ganz detailléierte schréffleche Rapport.

Ëm wat geet et hei an dësem Projet de loi? Ma, de Reklassement, dee steet ëmmer dann un, wann ee Salarié aus gesondheetleche Grënn eben net méi senger Aarbecht wéi gewinnt kann nogoen. Dat ka ganz vill Ursachen hunn, zum Beispill eng laang Krankheet, eng Invaliditéit no engem Accident oder och eng Usure, déi sech op der Aarbechtsplaz astellt. Bei Usure kéint ech mer virstellen, dass dat mat Gelenk- a Réckeproblemer ze dinn huet, wann een eng haart an ustrendeng Aarbecht duerchféiert, respektiv stressbedéngt a sengem Aarbechtsëmfeld, siehe Statistik, ech hat se elo an der Interventioun virdru scho genannt am Secteur immobilier, wou dann de Stress jo 34% vun de Krankheitsfäll duerstellt. An esou engem Fall gëtt eng Procédure hei ageleet fir de Reclassement interne, wëllt heeschen an enger Firma respektiv an engem Betrib selwer, oder de Reclassement externe, deem dann duerno op de fräien Aarbechtsmaart féiert.

Wat sinn elo déi grouss Ännerungen an dësem Projet de loi? Ouni elo vollständeg ze sinn, well dat huet de Rapporteur hei jo scho gemaach, wëllt ech verschidde mir wichteg Punkten nach eng kéier kuerz hei opgräifen.

Éischtens. D'Préférence geet ganz kloer an de Reclassement interne - duerno ginn ech nach eng kéier am Detail dorop an - an dat duerch, dass de Seuil obligatoire vun der Firma u sech erofgesat ginn ass fir de Reclassement interne vu 50 op 25 Salariéen, soudass méi Entreprisist mussen op de Reclassement interne zréckgräifen an dësem Fall. Des Weiteren ass d'Taxe compensatoire eropgesat ginn, also d'Sanctioun, wann een eben deem Reclassement interne net nokëint, wat och dozou misst, hoffentlech, féieren, dass mer méi vun dëse Salariéen an e Reclassement interne kënnen iwwerféieren an hinnen eng aner Opportunitéit opweisen.

Zweetens ass de Quorum vun de Salariéen handicapés erausgeholl ginn an der Berechnung a gëtt net méi berücksichtegt. Ech mengen, dat ass och gutt esou, well dat wär soss zulaaschte vun de Salariéen handicapés gaangen. An och op déi Zuele ginn ech herno nach eng kéier kuerz an.

Drittens. D'Saisine en parallèle vun der Commission mixte a vum Service de santé au travail, also dem Aarbechtsdokter an enger Prozedur de recours uniforme a mat enger périodescher Réévaluation.

Viertens. D'Méiglechkeet, bei engem Reclassement externe, Aarbechten d'utilité publique ze maache fir Stat, Gemengen an esou weider, mat enger Mindestdauer vu véier Méint an engem Tutorat, dee muss do séchergestallt sinn, fir dass eben e Reclassement externe, deem eng Aarbecht d'utilité publique mécht, och en Notzen dovun huet an eng Méiqualifikatioun ewechdréit.

An zu gudder Lescht, fënneftens, wichteg, een neie Statut spécifique du reclassé externe an eng Indemnité professionnelle d'attente cotisable, an zousätzlech eng Vereinfachung vun der Berechnung vun der Indemnité compensatoire.

E puer Zuelen heizou. E puer Zuele vun dem leschte Joer 2014 betreffend d'Commission mixte an d'Décisions, déi se geholl huet am Fall vum Reklassement. Do soen ech dem Här Everard vun der IGSS Merci. Ech hat deem kuerz viru Mëtteg ugeruff a kuerz no Mëtteg haut huet e mer dann déi Zuele geliiwert. Dat waren am Ganzen 1.323 Décisions, déi do geholl gi sinn, woubäi der 599 an eng Décision zum Reclassement interne iwwergaange sinn a 724 an eng Décision zum Reclassement externe. Also e Verhältnis 45 zu 55%, also prépondérant zu engem Reclassement externe. An et geet jo ganz kloer an dësem Projet de loi drëm, de Reclassement interne ze favorisieren.

Et gëtt ze dacks, ze schnell e Reclassement externe décidéiert. Domat verbonnen ass dacks eben och eng Situatioun vu Chômage fir de Salarié virprogramméiert. Déi lescht Zuelen, déi ech hu vum Mee 2015, schwätzen u sech fir sech selwer. Am Ganzen hate mer Chômeurs résidents handicapés ou reclassés externes 4.063, woubäi am Reclassement externe der iwwert d'Halschent waren: 2.227. Dann hate mer do Chômeurs mam Statut handicapé 1.364 an dann hate mer och nach Leit, déi déi duebel Charge ze droen hunn, souwuel Reclassement externe an handicapé 472. Dat sinn also ganz vill Leit mat ganz wéineg Aussicht fir eng beruflech Zukunft, a fir Fouss ze faassen um Aarbechtsmaart.

Wat fir Perspektive kënnen mir dese Leit ginn, virun allem deene mat niddrege Qualifikatiounen? Wat fir Initiative kënnen mir och als Stat a Gemengen huelen, fir dese Leit aus dem Chômage erauszehëlfen a se erauszehuelen? Ma, dese Projet de loi weist Pisten op, wou Stat, Gemengen an effentlech Institutiounen engem Salarié en reclassement externe eng Aarbecht mat Tuteur kënnen offrëieren, déi mindestens véier Méint muss daueren, déi muss kloer definiert sinn, an déi zu enger weiderer Qualifikatioun féiert, fir dass si duerno um Aarbechtsmaart kënnen vläicht besser bestoen.

A wa mir scho bei deenen défavoriséierte Salariéen um Aarbechtsmaart sinn, ech hat virdru gesot, do sinn der och 1.364 Salariéen handicapés, zesumme mat deenen, déi och nach am Reclassement externe sinn, sinn dat am Ganzen also e bësse méi wéi 1.800 Leit - Stand: Mee 2015.

Ma, ech mengen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, do si vill Leit hei, déi och eng Gemengeverantwortung hunn a Stat a Gemengen, déi hunn eng besonnesch Leit do, an zwar, siehe Artikel 13 vum Gesetz, wat d'Salariéen handicapés eben ugeet vum 12. September 2003. Do misst beim Stat an de Gemenge 5% vun hirem Effectif eben Travailleurs handicapés sinn, also déi Plaze schafen an déi Leit och astellen. Do muss mer dacks eis selwer mat der Nues huelen a kucken, ob mir eiser Verantwortung gerecht ginn an eiser Pflicht, déi mer do hunn, nokommen.

Erëm zréck zum Reclassement. De Reclassement externe, dee soll d'Ausnahm bleiwen, wat awer leider am Moment, wéi ech et grad mat deenen aktuelle Chiffere vun 2014 lech beluecht hunn, eben net de Fall ass. Wichteg am Zesummenhang mam Reclassement interne elo - wat fir eis als Gréng de gudden Wee ass, an an dësem Dossier och wäert deem eenzege Wee sinn, deenen Aussicht huet, fir deene Salariéen wierklech eng Zukunft opzeweisen -, do wäert et drop ukommen, ob déi Ënnerstützung, déi mir eben dem Handwierk, de klengen a mittelständesche Betriber kënnen ginn, duerch Berodung an esou weider, fir déi entsprechend ugepassten Aarbechtsplaze respektiv

pektiv Aarbechtsposten ze schafen, wat ebe grad bei deene Betriber net ëmmer einfach ass.

Ouni dës Ënnerstützung, fäerten ech, bleift de Reklassement, an ech zitieren den Här Minister Schmit op enger Pressekonferenz vun 2013 zu dësem Thema: «C'est un problème sans réelle solution.»

Dëst gesot, Madame Presidentin, léif Kolleginnen a Kolleegen, si mir als déi gréng der Meinung, dass dese Projet de loi eng ganz Rei vu Verbesserungen am Reklassement vun de Salariéen wäert bréngen an reell Léisungen opweist. An domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci dem Här Anzia. Als nächste Riedner hunn ech hei ageschriwwen: den Här Serge Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Merci, Madame Presidentin. Och dës Reform vum Reklassement, gradesou wéi dat Gesetz virdrun iwwert de Contrôle médical, viséiert prioritär eng Entlaaschtung vun der Sécurité sociale a vun der Rentekess am Besonneschen, zum Beispill, andeem d'Indemnité d'attente beim Reclassement externe zur Halschent dem Fonds pour l'Emploi iwwerdree gëtt an net méi eleng der Rentekess iwwerdreen ass.

Ech wëll awer dobäi betounen, dass an d'Rentekess d'Betriber Cotisations bezuelen an dass de Fonds pour l'Emploi iwwer Steiere bezuelt gëtt, mä virun allem vun de Salariéengedroe gëtt. Dat ass schonn net innocent, mengen ech, wann dat do geschitt. Et geet an d'Richtung vun enger Entlaaschtung vun de Lounkäschte vun de Betriber.

An dat och ëmsou méi, well de Reclassement externe ëmmer méi eng grouss Bedeitung kritt. Firwat? Well einfach d'Leit méi laang schaffe ginn. A wat d'Leit méi laang schaffe ginn, wat och den Undeel zum Beispill vun deenen, déi méi wéi 50 Joer hunn, zouhëlt. Dat si ganz oft Leit, déi, wa se e Problem hunn op hirer Aarbechtsplaz, net méi kënnen op hirer aler Plaz schaffen an och dacks net méi a Fro komme fir e Reclassement interne.

Am Reclassement interne (veuillez lire: externe) sinn haut schonn 48% vun de Leit iwwer 50 Joer al. An déi Zuel hält natierlech zou. Duerfir ass et och e Käschteproblem, e Finanzierungsproblem.

Déi Leit, déi an de Reclassement interne (veuillez lire: externe) kommen, déi also net méi op hirer aler Plaz schaffe kënnen an déi och net intern kënnen eng Plaz fannen, déi komme jo an de Reclassement externe a si hu bis elo eng Indemnité d'attente da kritt, wann hire Chômage eriwuer war, an Héicht vun der Invaliditéit, déi se kritt hätten, wa se invalid wieren. A mer hu jo och héieren, dass duerch en Uerteel vun der Cour de cassation d'Bedéngunge virun enger Rei vu Joren, fir eng Invaliditéit ze kréien, ganz vill erschwéiert gi sinn an dass et praktesch net méi méiglech ass, besonnesch, wann ee keng grouss Qualifikatioun huet, fir eng Invaliditéit ze kréien.

Wat elo hei geschitt, ass wierklech e Paradigmewissel. Et ass eng komplett aner Philosophie, déi hei erakënt. Virdrun huet een eng Invaliditéit kritt. Et war een Invaliditéitner an attente gewëssemooßen. An elo gëtt ee Chômeur de longue durée an et gëtt een och esou behandelt. Wat d'Indemnitéit ugeet, déi gëtt assimiléiert der Chômage-Indemnitéit. Si heescht zwar nach ëmmer Indemnité professionnelle d'attente, mä si gëtt dem Chômage assimiléiert an déi Leit ginn am Fong geholl och behandelt dann, wéi Leit, déi an der OTI sinn, wéi Leit, déi eng laang Dauer hunn, wou se net beschäftegt sinn. Occupation temporaire indemnisée heescht dat, da gëtt een och forcéiert, un Travaux d'utilité publique deelzehuelen.

Dat ass dee Wiessel, deem do geschitt. Mä ech mengen, et muss een eppes nach derbäisoen. Et kann een dovun elo halen, vun deem Wiessel, wat ee wëllt. Deen ale System mat der Invaliditéit hat sécher och Problemer, hat sécher och Ongläichheeten ervirgeruff.

Mä et muss een eppes Wesentlech hee soen, an dat ass dat, wat wierklech geschitt mat deem Gesetz hei a wou ech muss soen, wou mir net kënnen d'accord sinn, dat ass, dass een elo muss, ier een iwwerhaapt an de Reclassement komme kann, zéng Joer virdrun an deem selwechte Betrib geschafft hunn. Domat schléisst een net nëmmen déi Jonk natierlech aus, déi och kënnen onfäeg ginn zu engem gewësse Moment, fir hir Aarbecht net méi kënnen auszeüben. Mä et schléisst een och all déi prekär Beschäftegt aus, Leit, déi nach net laang genuch hei schaffen. Et schléisst een d'office zum Beispill all d'Leit aus, déi am Interim sinn, well Interim bedeit Interruptionen an der Aarbecht.

D'Chambre des Salariéen huet duerfir och déi Moosnam, déi eis hei virgeschloe gëtt, formell

verworfen, och well se aus engem universale Recht, wéi et virdru war, dat heescht engem Recht, fir eng provisoersch Invaliditéit ze kréien, e Recht mécht, wat am Fong geholl un den Aarbechtsmaart gebonnen ass. Dat ass dee Punkt, deem ech hei awer nach eng kéier wëll ervirhiewen, wou mer net d'accord sinn domat, dass dat esou drakënt. Et war awer net méiglech, dat ze änneren an der Kommission.

Mir kritisieren ausserdem nach verschidden aner Aspekter an deem Gesetz hei. Verschidden dovun sinn eréischt agefouert ginn am Laf vun den Diskussiounen an der Kommission. Dat fannen ech bedauerlech. Normalerweis soll jo eng Kommission do sinn, fir Saachen ze verbessern an engem Gesetz, net fir se ze verschlechteren.

Zum Beispill, wat d'Médecine du travail ugeet. D'Médecine du travail, den Aarbechtsdokter kann eleng décidéieren, ob ee fäeg ass, erëm schaffen ze goen op senger aler Aarbechtsplaz oder net. Do war virdrun e Recours virgesinn am ursprénglechen Text bei der Médecine du travail, beim Chef-médecin du travail, deem ugesidelt ass am Gesondheitsministère. Deen ass duerch en Amendement vun der Kommission verschwonnen.

Et muss een dobäi betounen, dass d'Médecine du travail e Service ass, deem nach ganz staark un de Betrib gebonnen ass, un e Grupp vu Betriber, heiansdo och un en eenzelne Betrib souguer a gewësse Fäll. A ganz dacks feelt et him un der noutwendeger Onofhängegkeet och dowéinst. An dat ass, mengen ech, e grouse Konstruktionsfeeler vun deem Gesetz deemools, ech mengen, dat war 1995, wou d'Médecine du travail agefouert ginn ass. D'Salariatskummer fuerdert duerfir och, dass e Service unique kënt vun Aarbechtsmedezin, deem och staatlech organiséiert ass.

Dat ass och deemools scho gesot ginn, wéi et agefouert ginn ass. An deemools ass gesot ginn: Mer kompenséieren dat doduerch, dass mer Recoursméiglechkeete schafe par rapport zu deenen Décisions vun deenen eenzelnen isoléierten Aarbechtsdokteren, Recoursméiglechkeete schafen, fir hir Décisions ze contestéieren beim Médecin-chef vun deem Service de médecine du travail, deem ugesidelt ass beim Ministère de la Santé.

An domat géif jo deem Service och eng gewësse koordinéierend Roll zoukommen. E géif am Fong geholl uniformiséierend wirken op déi Décisions, déi geholl ginn, soudass herno awer dann am ganze Land d'Décisions an eng gewësse Richtung geholl ginn an net individuell vun all Betribsarbeitsdokter geholl ginn an et géif sech dann och eng gemeinsamen Praxis entwéckele vun deenen dezentraliséierte Services.

Duerfir bedauere mir ganz staark, dass dat elo erëm erausgeholl ginn ass aus dem Gesetz, dee Recours virun deem koordinéierenden Dokter do an dass dann all eenzelnen Aarbechtsdokter soll entscheiden iwwert d'Schicksal vun de Leit: Komme se an de Reclassement, komme se net an de Reclassement?

Mir kritisieren och, dass e Salarié, deem intern reklasséiert ginn ass an da jo kann no engem Joer licenciéiert ginn, net méi an de Reklassementssystem zréckkënt, ausser säi Betrib mécht zou oder et gëtt eng kollektiv Entloossung. Wann en individuell entlooss gëtt, kann en net méi zréck an de Circuit vum Reklassement kommen, wat mer net gutt fannen, well een och d'Praxis kennt, dass dacks beim Reclassement interne no enger Zäit d'Leit dann awer erëm entlooss ginn. A mir wolle jo grad den Akzent ebe leeën op de Reclassement interne, dass d'Leit do an hire Betrib an hiert Ëmfeld erëm zréck drakommen.

Ech bedauern och zum Beispill, dass elo dragesat ginn ass, dass e Salarié, dee kee Certificat d'embauche ka virweisen, net zougelooß méi ka ginn zum Reklassement. Dat ass eng ganz wäitgehend Mesure. An déi hânt dovun of, ob säi Patron een ugemellt huet beim Aarbechtsdokter, fir e Contrôle d'embauche ze maachen oder net. Mir hate virgeschloen, dass dann op d'mannst misst den Aarbechtsdokter beweisen, dass de Salarié geruff war an net komm ass an dass et net un him louch, mä u sengem Patron, deem en net ugemellt huet.

An ech bedauere ganz staark och do, dass et net méiglech war, dat an d'Gesetz dranzesetzen. A mir schéngt do den Amtsschimmel awer wierklech am Aarbechtsministère - weinstens wat den Département, dee sech ëm de Reklassement kümmert, ugeet - ganz grouss ze sinn, dass e krankhaft Mësstrauen do ass vis-à-vis vu Leit, wou ëmmer gemengt gëtt, se géifen Abuse bedriewen.

Et gesäit een iwwerengs, dass haut schonn Décisions geholl ginn - obschonn dat neit Gesetz nach guer net do ass an hei soll gestëmmt ginn -, Här Minister, dass Décisions geholl gi vun der Commission mixte, déi schonn dat neit



Gesetz applizéieren, obschonn et nach guer net do ass! An dat fannen ech äusserst bedauerlech.

D'Chambre des Salariés fuerdert, dee Projet hei zrëckzezéien. Ech sinn direkt fäerdeg och, Här President.

► **Plusieurs voix.** - Madame Presidentin!

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*). - Si huet souguer an engem zweeten Avis eng komplett - Madame - eng komplett Proposition de loi alternative virgeluecht. Déi ass emol net diskutéiert ginn! An eise Kommissioun gëtt jo ëmmer nëmmen dat diskutéiert, wat de Statsrot seet. Dat ass dat Eenzezt, wat zielt.

Duerfir wäerte mir géint dat Gesetz hei stëmmen, well vill Léisungen an deem Gesetz hei um Bockel vun de Leit gesicht ginn, amplaz de Leit ze hëllefen. Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*. - Merci dem Här Urbany. Mir hunn elo den Tour gemaach vun den Deputéierten. D'Regierung kritt elo d'Wuert an ech géif gär den Här Minister Nicolas Schmit hei eropbiede fir seng Stellungnahm. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

Prises de position du Gouvernement

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*. - Merci, Madame Presidentin. Ech wëll natierlech och emol fir d'Éischt dem Rapporteur Merci soen, mä awer och allen anere Riedner, déi d'Wichtigkeet vun dësem Projet ervirgrehuewen hunn.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Ech mengen, et ass op d'Geschicht vun dësem Projet higewise ginn, deem aus engem Arrêt eraus vun der Cour de cassation gebuer ass a wou huet missen eng Léisung gesicht ginn, fir datt ebe grad net déi Leit, déi net méi Recht hätten op eng Pension d'invalidité, net an eng total Prékaritéit géife falen. An an deem Sënn muss ee soen, datt dee System vum Reklassement effektiv eng positiv Kontributioun duerstellt.

Wat war eigentlech d'Iwwerleeung? D'fundamental Iwwerleeung war natierlech awer och déi: Wat kënnen mer maache fir Leit, déi nach eng Capacitéit hunn, fir ze schaffen? Wéi kënnen mer déi am beschten an der Aarbecht oder um Aarbechtsmaart halen?

An dat ass, géif ech jo awer soen, eng ganz positiv Approche. Et geet jo net drëm, e Maximum vun de Leit aus dem Aarbechtswien, vum Aarbechtsmaart ze eliminéieren, mä derfir ze suergen, datt d'Leit kënnen eng Aarbecht maachen, déi natierlech hire Capacitéiten, ganz oft hire physische Capacitéiten, wa se krank waren, en Accident haten oder aner Problemer haten, entsprécht.

An dat, mengen ech, ass d'Grondiddi vum Reklassement. An do muss ee soen, deem Objectif ass net erreecht ginn.

En ass aus verschiddene Grënn net erreecht ginn. Éischtens, well an deem ale Gesetz Dispositiounen dra waren, déi eigentlech deem Objectif schwierger gemaach hunn. An déi Dispositioun, déi hu mer elo erausgeholl. An, ech mengen, dat ass eng vun deene wichtegsten, well een, deem extern reklasséiert war, an dee probéiert huet, erëm an den Aarbechtsmaart ze kommen, en Job unzuhuelen an esou weider, deem huet eigentlech e grouss Risiko geholl. An zwar huet en de Risiko geholl, säi Statut als Reklasséierten ze verléieren, wann en an där neier Aarbechtsplaz géif en Échec hunn an déi Aarbechtsplaz géif verléieren.

An dat huet mat sech bruecht, datt d'Leit natierlech ganz oft hésitéiert hunn, fir aus dem Statut vum Reklassement erëm an eng Aarbecht zrëckzegoen an domat dann am Fall vun engem Échec e gréissere Problem ze kréien.

Déi Dispositioun ass fort, well mer eben e Statut kréiert hunn, wou eng Persoun, déi extern reklasséiert ass, wann esou een Échec kënnt, erëm an de Statut vum Reklasséierten erafällt an, ech mengen, dat ass en Encouragement och fir vill Leit, eng Aarbechtsplaz unzuhuelen.

Dat Zweet ass natierlech de Reclassement interne, fir deem emol éischtens ze développéieren, well déi bescht Formel ass natierlech déi, fir fir déi Leit, déi vläicht hiren Job, dee se hatten, net méi kënnen maachen aus verschiddene Grënn, ze probéieren, an der Firma selwer eng Alternativ ze sichen.

An de Projet hei privilégéiert absolutt de Reclassement interne. An dofir ass och dee Seuil erofgesat ginn an och déi Dispositioun fir déi Entreprises, déi géife probéieren, do derlaanschtzekommen, fir déi och dann ze sanktionéieren.

An duerfir ass dat Argument, wat elo just ervirbruecht ginn ass, fir ze soen, déi Leit, déi reklasséiert sinn, wann déi no engem Joer licenciéiert ginn, datt déi net automatesch an de Reclassement externe falen, nëmmen dann,

wann d'Entreprise faillite ass oder e Plan social kënnt, ass dat schonn eng Dispositioun, déi net einfach esou vun näischt kënnt oder just dodra géif bestoen, fir d'Leit ze penaliséieren. Bien au contraire!

Déi Dispositioun ass do, fir d'Abusen op der Säit vun den Employeuren ze évitéieren, well et kéint ee sech jo ganz gutt virstellen, ech maachen en Arrangement, ech gi gezwonge vun der Kommissioun, e Reclassement interne ze maachen, an dann arrangéieren ech mech an no engem Joer licenciéieren ech déi Persoun a soen: Bon, du kriss jo dann..., automatesch gëss De extern reklasséiert, an da gi mer ons esou eens. An, ech mengen, grad dofir, fir datt och de Reclassement interne net kann op esou eng Aart a Weis contournéiert ginn, ass déi Dispositioun do.

Et ass och geschwat gi vun deem neie Modus, besonnesch beim Externen, wéi d'Leit indemniséiert ginn. Mä grad ebe gëtt sech net méi baséiert op eng Pension d'invalidité, aus dem Grund, well mer de Reclassement ewech wëllen huele vun der Pension d'invalidité a méi no bei eng Situatioun um Aarbechtsmaart bréngen. A mir wëllen eben d'Leit encouragéieren, erëm zrëck op den Aarbechtsmaart ze goen.

An dat brénge mer net einfach esou fäerdeg. Ech sinn do absolutt d'accord. De Reclassement fonctionnéiert nëmmen, wann eng Rei vu Mesuren, e ganze Kontext, géif ech soen, fonctionnéiert. A vläicht ass do an der Vergaangenheet net genuch drop insistéiert ginn.

Éischtens géif ech soen, datt de Reclassement un engem anere Gesetzesprojet hänkt, op deem ech waarden, dee beim Statsrot ass, dat ass dee vun der Politique des âges, wou eng Rei Dispositiounen dra sinn, fir grad derfir ze suergen, datt et an der Gestiou vun de Carriären, an der Gestiou vun de Leit gewësse Kritäre gëtt. An ee vun deene wichtege Kritären, dat sinn d'Aarbechtskonditiounen, dat ass d'Conditions et santé au travail.

An, ech mengen, dat ass e Volet, dee mer onbedéngt méi seriö mussen huelen an och méi Preventioun musse maachen, well de Reclassement ass ëmmer, net ëmmer, mä ganz oft, dat heescht, wann eng Persoun eng schwéier Krankheet kritt oder esou weider, mä wann et aner Krankheete sinn, da sinn déi ganz oft och liéiert mat der Situatioun op der Aarbechtsplaz. An duerfir ass d'Preventioun en matière vun Aarbechtsbedéngungen a Gesondheet op der Aarbechtsplaz ganz wichteg.

Dann natierlech ass et esou, an do sinn ech d'accord, datt mer mussen d'Médecine du travail iwwerdenken an och d'Médecine du travail méi an de Kontext vun der Preventioun bréngen. Och dat ass e Moyen, fir eigentlech de Reclassement ze évitéieren, well mir si jo net dofir, datt mer de Reclassement wëlle favoriséieren. Mir missten eigentlech alles maachen, fir esou wäit wéi méiglech de Reclassement ze évitéieren.

Nu wëll ech net op vill Chifferen agoen. Den Här Anzia huet dat scho gemaach. Mä ganz kloer, wann ee kuckt, wien déi Leit sinn, déi reklasséiert ginn: Iwwer 43% hu méi wéi 50 Joer, an duerfir, soen ech, ass d'Politique des âges eng Approche, déi mer mussen onbedéngt ufänken. Den „Chômage de longue durée“, entre guillemets, hei zu Lëtzebuerg ass esou héich, well 76,1% vun de Reklasséierte scho méi wéi zwee Joer reclassé externe am Chômage sinn, zwar net am Chômage-chômage, mä an der Indemnité d'attente, wat mécht, datt natierlech onse Chômage de longue durée ganz staark eropgeet.

An ech muss soen, de Reclassement touchéiert natierlech am schlémmsten déi, déi net qualifizéiert sinn. Mä firwat? Well déi natierlech déi Aarbechten hunn, déi ganz oft un d'Substanz ginn. A grad do mussen d'Medezin, d'Preventioun, Aarbechtsbedéngunge ganz staark usetzen.

Nach ee Chiffer, dat ass deem, wéi vill Leit datt aus dem externe erëm zrëck op eng Aarbechtsplaz gaange sinn. Dee Chiffer 2014 war 440 Leit, déi aus dem Reclassement externe erëm an eng Aarbechtsplaz gaange sinn, wat u sech net vill ass iwwert déi lescht Joren, wat ebe beweist, datt et absolutt noutwendeg ass, datt mer déi Mesure do huelen, datt een, wann een en Échec huet, erëm zrëck an de Statut vum Reclassement fält.

Ech muss och soen, datt de Reclassement natierlech e Käschtpunkt duerstellt. Souwuel den interne wéi den externe sinn à peu près pro Joer iwwer 150 Milliounen, déi dat kascht. Mä, mir wëssen, dat ass ee Coût. Mä op där anerer Säit brénge mer et awer fäerdeg, d'Leit opzefänken a se net an d'Prékaritéit, voire an den RMG offalen ze loossen.

Wichtige Punkt ass: Wat geschitt mat de Leit elo? Well dat ass dat, wou ech drop insistéiert hunn, datt mer net elo dat Gesetz hei stëmmen an dann ass et.

Éischtens ass et wichteg, bei deene Leit, déi am Reclassement sinn, externe an interne, mä be-

sonnesch am externe, einfach emol ze kucken: Ass do nach eng Chance do, fir déi Leit erëm zrëck op den Aarbechtsmaart ze kréien? Huet et e Wäert, een an engem Reclassement ze loossen, en all Mount op d'ADEM ze invitéieren, wann et kloer ass, datt déi Persoun keng Chance méi huet, en Job ze fannen?

Bon, an duerfir hu mer, säit 2014, bis ewell 407 Leit, 2014 407 Leit, déi vun engem Dokter op der ADEM gekuckt gi sinn, an 175 vun hinne sinn eigentlech orientéiert ginn, fir eng Pension d'invalidité ze kréien, a 77 hunn déi och scho kritt. Déi aner waarden drop. 13 hunn e Refus kritt. Mir gesinn also, datt ënnert deene Leit, déi am Reclassement externe sinn, et trotz allem e relativ héije Prozentsaz gëtt, déi am Prinzip net méi kënnen zrëck op eng Aarbecht goen, souguer wann een déi Aarbecht aménagéiert.

Dat Zweet ass, 2015, elo, dëst Joer, hu mer schonn 254 Leit gekuckt, gesinn. An dovu sinn der 103 orientéiert gi fir eng Pension d'invalidité. Zéng hu schonn den Accord kritt an zwee, nëmmen zwee vun deenen 103, hunn e Refus kritt. Déi aner, déi sinn nach en attente.

An ech mengen, dee System, fir periodesch d'Leit ze kucken an ze soen: „Ass do nach eng Méiglechkeet do, ass keng méi do?“, ass extrem wichteg. Duerfir ass eng vun de Mesuren, datt mer elo bei der ADEM en zweeten Dokter embauchéiert hunn, dee grad dat dote mécht, systematesch, dee besonnesch do ass fir déi Leit am Reclassement.

Wat geschitt da mat deene Leit, déi op der ADEM sinn, déi net an d'Pension d'invalidité ginn, wou kloer ass, datt se nach eng Capacité de travail hunn? An dat si jo déi, op déi mer ons elo musse konzentréieren, well mir wëlle jo net, datt déi Chômeurs de longue durée sinn. Mir wëlle jo probéieren, datt déi Leit erëm en Job kënnen fannen. D'autant plus, datt mer jo déi Dispositioun geännert hunn.

An déi Leit, déi ganz oft, ech soen dat, wéi et leider ass, déi sinn zwar komme gelooss ginn, sinn awer, och duerch d'Zuel an duerch de Manque vun Effectiffen, ganz oft leie gelooss ginn, op der Säit leie gelooss ginn. An dat wëlle mer änneren.

An duerfir kommen déi Leit elo an e wierkeche Parcours personnalisé, wou gekuckt gëtt, iwwert den Dokter vun der ADEM: Wat sinn dann hir Méiglechkeeten? Wat kënnen se physisch maachen? Wat si Reconversionsméiglechkeeten? Wann déi Reconversionsméiglechkeete mat där Persoun festgestallt gi sinn an deem Parcours personnalisé, da gëtt natierlech gekuckt, bon: Ass déi Persoun vun hirer Formation, vun hirer Qualifikatioun capabel, deem Job ze huelen?

Also musse mer, ganz oft, och fir déi Leit, eng Formation abauen a kucken, datt déi Persoun ëmgeschoult gëtt, fir dann en neien Job ze kréien. An dann, wann dat festgeluecht ass, da gëtt dat och fir déi Reklasséiert an enger Convention de collaboration, wéi fir all déi aner Chômeuren, wéi fir all déi aner Demandeur-d'emploien, festgeluecht.

Wichteg ass och, datt déi Leit eng Chance kréien, bei d'Patronen ze goen, sech virstellen. Et ass jo net, well ech de Réck wéi hunn, datt ech net awer ganz capabel sinn, fir gewësen Aarbechten ze maachen. Déi mussen also eng Chance kréien, sech virstellen ze goen, och eng Assignatioun ze kréien.

An am Rahme vun deem Programm „Entreprises, partenaires pour l'emploi“ hu mer ofgemach, datt och d'Entreprisé mussen deenen dote Leit, wéi och d'ailleurs deene Leit mat engem Handicap, d'Méiglechkeet gi fir eng Entrevue, fir en Interview an och eng Méiglechkeet, fir embauchéiert ze ginn.

An all déi, déi vläicht dann net esou einfach méi placéiert kënnen ginn, an där gëtt et, déi awer och net einfach kënnen an eng Invaliditéit goen, do wëlle mer hir Obligatioun par rapport zu der ADEM alléigieren an eigentlech se da ruffen, wann ee mengt, do wier eng Opportunitéit fir si, dat heescht, datt en Job do ass, wou se eventuell a Fro kommen, respektiv se mat Intervalle ruffen, déi net ee Mount sinn, mä déi kéinte bis op sechs Méint goen.

Ech mengen, wichteg ass elo, datt mer aus deem Gesetz déi richteg Konklusiounen zéien, datt mer d'Leit kucken no hirem Profil - kënnen se wierkelech nach schaffen, kënnen se net schaffen? -, datt mer natierlech dat an engem globale Kontext gesinn, och an den Entreprises. Ech mengen, déi Leit, déi Reclasse interne sinn, do muss och mat deene geschafft ginn, et muss och probéiert ginn, deenen iwwer Formation interne d'Méiglechkeet ze ginn, hiren Job an der Entreprise ze wiesselen.

A wa mer dat fäerdegbréngen an deem globale Kontext, dann, mengen ech, ass de Reclassement e ganz wichtige Outil. Mä et ass awer och en Outil, wat net esou fonctionnéiert, datt d'Zuelen ëmmer nëmmen an d'Luucht ginn an

datt mer eigentlech keng Leit erauskréien. De But ass, datt mer Leit reklasséieren, mä de But ass awer och, datt mer déi reklasséiert Leit, besonnesch am externe, erëm op eng Aarbechtsplaz kréien.

Ech soen lech villmools Merci. Mäi Kolleg, den Här Schneider, seet eppes iwwert d'52. Woch, wou ech just wëll soen, datt dann dës Regierung et fäerdegbruecht huet, dat Thema op den Ordre du jour ze setzen an och do eng Léisung an deenen nächste Wochen ze fannen.

Här Kaes, ech weess, datt Dir lech ëmmer derfir engagéiert hutt. An ech verstinn och dat, wat d'Madame Elvinger gesot huet. Ech mengen, si huet dat ganz gutt charakteriséiert.

Ech mengen, mir si ganz no derbäi, eng valabel Léisung ze fannen. An ech mengen, den Här Schneider kann dofir doriwwer e Wuert soen.

Merci.

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci dem Här Aarbechtsminister. An ech kann dem Här Kaes dat och bestätegen, dass e sech ëmmer bei mir, awer och beim Här Biltgen, fir déi dote Fro agesat huet.

(Exclamations)

A wann d'Chamber dermat d'accord ass, well d'Riedezäit vun der Regierung eigentlech ofgelaf ass, géif den Här Sozialminister nach dozou Stellung huelen.

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale*. - Just zur Motioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Ah! Majo, dann hutt Dir selbstverständlech d'Wuert.

► **Une voix.** - En ass net wéi dee Virgänger.

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Deen ëmmer d'Diere klaakt.

(Hilarité)

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale*. - Här President, erlaabt mer, vun der Plaz hei op déi Motioun ze äntwerten, eng Motioun, mengen ech, wou mer als Regierung all Considérant kënnen deelen, ausser deem Leschten, deem drop ageet, datt hei dës Reform vun dem Reklassement keng Äntwert géif bréngen op déi 52 Wochen.

Effektiv ass wouer, an dësem Kontext net, mä ech mengen, et ass esou, datt grad de Kontext vun dëser Reform ee ganz flotte Prozess vun Dialog bruecht huet, wou ech virun allem och félicitéieren d'Kommissioun vum Travail a vun der Sécurité sociale, déi de Punkt och wierkelech thematiséiert huet an och gekuckt huet, Léisungsvirschléi ze bréngen.

Mir haten am Ufank eng Léisung, déi mer sollten histéieren op eng Aart Pension oder Pension d'invalidité temporaire. Do hu mer gesinn, d'Problem, déi do entstanen wier, engersäits och mat hannerndrun de Montanten, déi kéinten entsto, den Ongerechtegkeeten. An do si mer hikomm, mengen ech, op eng Léisung, déi och d'Regierung zesumme mat de Sozialpartner souwuel an der Tripartite diskutéiert huet wéi hannerndrun och am Comité permanent du travail et de l'emploi, datt mer eng Léisung sichen am Kader vun de Statuten, déi de Moment iwwerdeem schonn Ausnahme virgëssen. An dat muss een ausbauen.

An, ech mengen, esou géif ech proposéieren, datt mer mat där doten Aarbecht, déi de Moment leeft, déi an enger gudder Form leeft, déi engersäits net déi 52 Wochen a Fro stellt an op där anerer Säit awer deene Leit eng Méiglechkeet gëtt, déi effektiv nach fit sinn, fir zrëck op den Aarbechtsmaart ze goen, eng valabel Léisung fannen. An ech géif hei d'Vertrauen an d'CNS ginn, wou gutt Sozialpartner vertruene sinn, fir eis eng Léisung ze bréngen. Ech hunn do gesot, datt mer dat gären hätte bis am Oktober, dann, wann déi nächst Tripartite ass, fir dann zu engem konkreten Ofschloss ze kommen.

Ech mengen, dann hätte mer ganz gutt geschafft. Da wier no enger Diskussioun, wéi Der recht hutt, wou sech der vill agesat hunn, iwwer 20 Joer, fir dat heiten och geregelt ze kréien, da krite mer et geregelt am Kader vun de Statuten an dat wier eng gutt Saach.

Soudatt d'Regierung kéint dës Motioun, wann Der dermat d'accord sidd, Här Kaes, suivéieren, wat de Bilan ugeet, wat d'Bilanzéierung ubetrëfft, well ech mengen, datt grad de Reclassement ëmmer erëm nei Défie kritt, well do bausse selbstverständlech och d'Situatioun um Aarbechtsmarché permanent ännert an och, déi Reform hat jo ëmmer erëm Adaptatiounen, soudatt, mengen ech, déi Bilanzéierung gutt ass, fir ze maachen. Op där anerer Säit mengen



ech awer, wat déi 52 Woche betrëfft, datt mer op engem gudde Wee sinn de Moment an datt mer dee Wee sollen zesumme goen an datt mer da wierklech eppes kréien, wat och vun alle Sozialpartner matgedroen ass.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Sozialminister. Den Här Kaes, wahrscheinlech zu der Motioun.

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Jo. Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wollt just soen, datt den Här Minister dat elo nach eng Kéier am Detail erkläert huet. Wann deem dann esou ass, datt mer dat bis den Oktober u sech an déi gutt Form bruecht hunn, fir wierklech - an hei geet et net drëm, Politik ze maachen -, fir wierklech deene Leit...

(Interruptions)

Hei geet et wierklech drëm, och wann een... Also, all déi Leit, muss ech ganz éierlech soen, gesinn dat vill méi eescht wéi vläicht dann deen een oder deen aneren heibannen.

Hei geet et drëm, esou wéi den Här Minister dat absolutt richteg gesot huet, deene Leit ze hëllefen. Et geet drëm, fir fir déi Leit, déi einfach iwwert dee Blocage, dee bis elo bestanen huet, eng Solutioun ze fannen an der Zukunft an u sech net déi Leit an eng onméiglech Situatoun ze bréngen. Wann deem esou ass, bis den Oktober, da si mir selbstverständlech bereet, déi Motioun dann dohigehend ëmzeänneren.

De Rescht, wann ech dat richteg verstanen hunn, gëtt jo dann esou akzeptéiert. Ech soe Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Nach soss Wuertmeldungen? Ech ginn net dervun aus. Da kënnen mer zur Ofstëmmung

iwwert de Projet Reklassement - de Projet 6555 - iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6555 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass...

(Interruption)

Ech hunn awer 60 Stëmmen.

(Hilarité et interruptions)

Et ass vläicht Gedankeniwverdrung.

An de Projet 6555 ass mat 60 Stëmmen, also unanime, uegoholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Marcel Oberweis), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Max Hahn), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

An ech froen dann nach just, ob d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote gëtt.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Zur Motioun, also an där ofgeännerter Form.

(Interruption)

Här Sozialminister.

Motion 1

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale*.- Jo, ech mengen, also d'Regierung ka se akzeptéieren an der ofgeännerter Form, datt een de leschten Abschnitt vun de Considérante géif sträichen an och dee leschten Abschnitt, wat den „invite le Gouvernement“ ugeet, géif sträichen. Ech hunn d'Erklärung ginn, wou mer dat upaken. Da kann d'Regierung mat deem anere Punkt, wat d'Bilanzéierung ubetrëfft, d'accord sinn.

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant que le dispositif du reclassement actuel a depuis son introduction en 2002 à plusieurs reprises été modifié;

- considérant que le projet de loi 6555 portant modification du Code du Travail et du Code de la sécurité sociale concernant le dispositif du reclassement interne et externe se fonde entre autres sur le bilan d'évaluation de l'Inspection générale de la sécurité sociale (IGSS) du 4 mars 2008;

- considérant que la présente réforme vise à promouvoir une nouvelle fois le recours au mécanisme du reclassement interne (notamment en élargis-

sant le cercle des entreprises soumises à ce dispositif et en augmentant la taxe de compensation en cas de refus de l'employeur d'y procéder) et à améliorer la situation des personnes en reclassement externe;

- considérant qu'un autre objectif consiste à améliorer les procédures applicables et à renforcer le rôle du médecin du travail dans ce cadre;

- considérant qu'il importe de procéder à une évaluation de la présente réforme, en étudiant l'impact de celle-ci sur le dispositif du reclassement interne et son acceptation par les entreprises, l'évolution de la situation des reclassés externes, de même que les activités du médecin du travail dans le cadre de ce nouveau dispositif;

invite le Gouvernement

- à établir avant la fin de la présente législature un bilan sur les dispositions contenues dans la loi susmentionnée et à procéder, le cas échéant, aux adaptations qui s'imposent.

(s.) Aly Kaes.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dir sidd domat d'accord. Da stëmme mer iwwert d'Motioun à main levée of.

Vote sur la motion 1 modifiée

Wie fir d'Motioun ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Och do gëtt et Unanimitéit. Ech soen lech alleguer Merci, dat ëmsou méi, well ech weess, wat et fir eng Méi war, fir dee Projet hei an d'Gare eranzebréngen.

Kommt gutt heem! Rendez-vous déi nächst Woch fir zwou ëffentlech Sétzungen nach.

D'Sétzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 18.15 heures)

Sommaire des séances publiques n^{os}44, 45 et 46

44^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 657
Communication de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État	p. 657
Dépôt d'une motion par M. Marc Angel	p. 657-658
Communications	p. 658
6830 - Proposition de loi modifiant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement	p. 658
Ordre du jour	p. 658
Question urgente n°1273 de Mme Diane Adehm et de M. Gilles Roth relative à une liste de clients circulant sur Internet	p. 658
Heure de questions au Gouvernement	
Question n°116 du 6 juillet 2015 de M. Gusty Graas relative au lancement du projet «En oppent Ouer fir de Bauer, de Wënzer an de Gäertner», adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs	p. 658
Question n°117 du 7 juillet 2015 de Mme Octavie Modert relative à la transposition sectorielle des réformes dans la fonction publique, adressée à M. le Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative	p. 659
Question n°118 du 7 juillet 2015 de M. Roger Negri relative aux mesures prises dans le cadre de la canicule exceptionnelle, adressée à Mme la Ministre de la Santé	
et	
Question n°119 du 7 juillet 2015 de Mme Martine Mergen relative au plan national canicule 2015, adressée à Mme la Ministre de la Santé	p. 659
Question n°120 du 7 juillet 2015 de M. Marcel Oberweis relative aux galettes de riz contenant des traces d'arsenic, adressée à Mme la Ministre de la Santé	p. 659-660
Question n°121 du 7 juillet 2015 de Mme Josée Lorsché relative à l'avenir de l'hôpital «ZithaKlinik», adressée à Mme la Ministre de la Santé	p. 660
Question n°122 du 7 juillet 2015 de M. David Wagner relative à la mise en place du «Cours unique» pour l'année scolaire 2017-2018, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse	p. 660
Question n°123 du 6 juillet 2015 de M. Eugène Berger relative à l'agrément d'une firme de sécurité privée, adressée à M. le Ministre de la Justice	
et	
Question n°124 du 7 juillet 2015 de M. Franz Fayot relative à des activités apparemment non autorisées d'une entreprise de sécurité et de gardiennage sur le territoire luxembourgeois, adressée à M. le Ministre de la Justice	p. 660-661
6711 - Projet de loi portant abolition des districts, modifiant	
1. la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;	
2. le Code pénal;	
3. la loi du 28 décembre 1883 concernant les associations syndicales pour l'exécution de travaux de drainage, d'irrigation, etc.;	
4. la loi du 4 mars 1896 concernant l'expropriation par zone pour cause d'utilité publique;	
5. la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques;	
6. la loi modifiée du 28 juin 1976 portant réglementation de la pêche dans les eaux intérieures;	
7. la loi du 8 décembre 1981 sur les réquisitions en cas de conflit armé, de crise internationale grave ou de catastrophe;	
8. la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;	
9. la loi modifiée du 10 août 1993 relative aux parcs naturels;	
10. la loi modifiée du 31 mai 1999 portant création d'un corps de police grand-ducale et d'une inspection générale de la police;	
11. la loi du 23 février 2001 concernant les syndicats de communes;	
12. la loi électorale modifiée du 18 février 2003;	
13. la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles;	

14. la loi modifiée du 13 mars 2006 portant fixation du cadre du personnel du service de contrôle de la comptabilité des communes et modifiant la loi du 16 août 1966 portant: a) modification de la loi modifiée du 31 mars 1958 portant organisation des cadres de l'administration gouvernementale; b) organisation des cadres de la trésorerie de l'État, de la caisse générale de l'État et du service de contrôle de la comptabilité des communes et de certains établissements publics;	
15. la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil;	
16. la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau;	
17. la loi modifiée du 18 décembre 2009 organisant l'aide sociale;	
18. la loi du 25 mai 2011 relative à la chasse;	
19. la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques;	
20. la loi du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État	
et abrogeant	
1. la loi modifiée du 12 mai 1905 concernant les mesures à prendre contre l'invasion et la propagation du phyloxéra;	
2. la loi du 15 juillet 1969 portant réorganisation des commissariats de district	p. 661-666
6665 - Proposition de loi relative à l'organisation d'un référendum national sur la participation du budget de l'État dans le financement d'une ligne de tramway à Luxembourg	p.666-669
6699 - Proposition de loi relative à l'organisation d'un référendum national sur l'ouverture du mariage et de l'adoption aux couples de même sexe	p. 669-671
45^e séance	
Ouverture de la séance publique	p. 672
Dépôt d'une résolution par M. Yves Cruchten	p. 672
Dépôt d'une résolution par M. Laurent Mosar	p. 672
Motion de M. Marc Angel relative à l'invitation du Gouvernement à veiller au sein du Conseil et auprès des institutions européennes à ce que le PTCT/TTIP, une fois négocié, soit soumis à la ratification par chaque parlement national des États membres de l'Union européenne, conformément aux procédures légales de ces États	p. 672-674
6610 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil	
et	
6280 - Proposition de loi modifiant la loi du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation	p. 674-677
6785 - Projet de loi portant approbation du Traité Benelux relatif à la coopération transfrontalière en matière d'inspection du transport routier, signé à Liège, le 3 octobre 2014	p. 677-678
6714 - Projet de loi portant création du système de contrôle et de sanction automatisé et modification de la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques	p. 678-682
Déclaration de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, sur les discussions du sommet européen du 7 juillet 2015 en relation avec la situation en Grèce après le référendum du 5 juillet 2015, suivie d'un débat	p. 682-687
46^e séance	
Ouverture de la séance publique	p. 687
Hommage à la mémoire de M. André Zirves, Député honoraire	p. 687-688
Dépôt d'une résolution par M. Yves Cruchten	p. 688-689
6809 - Projet de loi portant intégration de l'Uelzecht-Lycée dans le Lycée technique des Arts et Métiers	p. 689-691
6656 - Projet de loi modifiant les attributions du Contrôle médical de la sécurité sociale et modifiant:	
1. le Code de la sécurité sociale;	
2. le Code du Travail;	
3. la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations, des services et des juridictions de la sécurité sociale	p. 691-697
6555 - Projet de loi portant modification du Code du Travail et du Code de la sécurité sociale concernant le dispositif du reclassement interne et externe	p. 697-702